PROJET
PLAN D'ÉTUDES
2025



# KONSULTATIOUNSPHAS

Conseil supérieur de l'Éducation nationale (CSEN)

## COLAB-WORKSHOP
## 'Projet Plan d'études 2025'

5. Mee 2022 & 26. Januar 2023 – Centre de conférences a Clausen


SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: **curriculum@script.lu**
**www.curriculum.lu** / **www.script.lu**

978-99959-1-497-4

Editioun Abrëll 2023

# Inhaltsverzeechnes

**Virwuert** ........ **4**

**Rapport vum éischte CoLab-Workshop mam CSEN** ........ **5**

1. Steckbréif vum éischte CoLab-Workshop mam CSEN ........ 6
2. Introduktioun an de CoLab-Workshop ........ 7
   2.1 Presentatioun vum Oflaf vun der Konsultatiounsphas ........ 7
   2.2 Atelieren ........ 9
3. Zesummefaassung vun den Diskussiounen ........ 10
   3.1 Atelier 1: Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental ........ 10
   3.2 Atelier 2: Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul ........ 13
   3.3 Atelier 3: Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul ........ 17
4. Fotogalerie ........ 21

**Rapport vum zweete CoLab-Workshop mam CSEN** ........ **35**

5. Steckbréif vum zweeten CoLab-Workshop mam CSEN ........ 36
6. Introduktioun an de CoLab-Workshop ........ 37
   6.1 Réckbléck op dat zweet Joer vum Konsultatiounsprozess ........ 37
   6.2 Atelieren ........ 38
7. Zesummefaassung vun den Diskussiounen ........ 39
   7.1. Atelier 1: Evaluéieren am Fondamental ........ 39
   7.2 Atelier 2: Transversalitéit ........ 44
   7.3 Atelier 3: D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung ........ 50
8. Fotogalerie ........ 53

**Réckbléck, Ausbléck a Kontakt** ........ 64

# Virwuert

De ‚Conseil supérieur de l'Éducation nationale' **(CSEN)** ass e Berodungsorgan, dat sech op Ufro vum Minister oder op eegen Initiativ hin zu Froen äussert, déi mam nationale Bildungssystem a Relatioun stinn. En ass besonnesch concernéiert, wann et ëm déi grouss Linne vun der Bildungspolitik geet. Den CSEN huet 36 Memberen a setzt sech zesummen aus: Vertrieder[1] vun Elteren, Schüler, Studenten, Léierpersonal, Representanten aus der Wirtschaft an aus dem sozialen a kulturelle Beräich, Representanten vu Veräiner, Organisatiounen a staatleche Servicer, déi a Relatioun mam Bildungssystem stinn (dorënner de Collège des directeurs vum Enseignement fondamental, de Collège des directeurs vum Enseignement secondaire an d'Gemengen, ...).

De virleiende Rapport ass an zwou grouss Partien agedeelt a faasst d'Diskussiounen vum 5. Mee 2022 a vum 26. Januar 2023 zesummen. Op zwee Nomëtteger huet d'Divisioun fir Curriculumsentwécklung vum SCRIPT am Kader vum Konsultatiounsprozess ronderëm en neie ‚Plan d'études 2025' zesumme mat de Vertrieder vum CSEN iwwer déi folgend sechs Theemefelder diskutéiert:

1) Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental
2) Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul
3) Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul
4) Evaluéieren am Fondamental
5) Méi Transversalitéit am Plan d'études?
6) D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung


Et waren dës déi sechs iwwergeuerdnet Theeme vum Konsultatiounsprozess, zu deenen d'Divisioun fir Curriculumsentwécklung an de Schouljoren 2021/22 an 2022/23 grouss CoLab-Workshoppe mam gesamte Bildungsberäich organiséiert huet. Fir méi Hannergrondinformatiounen zu de CoLab-Workshoppen a generell Informatiounen iwwer d'Ufäng an de weidere Verlaf vum Projet ‚Plan d'études 2025' invitéiere mir d'Lieser & d'Lieserinnen op eisen Internetsite **www.curriculum.lu.**

D'Inhalter vun dësem an anere Rapporte stellen eng Basis duer, op där weiderféierend Diskussioune ronderëm den neie ‚Plan d'études 2025' solle gefouert ginn.


Mir wënschen lech eng gutt Lecture!
**D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT**

Curriculum
Division SCRIPT

1 Iwwerall do, wou an dësem Rapport sollt just déi männlech Grondform stoen fir d'Bezeechnung vu Representanten, Schüler, Studenten etc., sinn ëmmer déi weiblech an anerer matgeduecht.







# Rapport vum éischte CoLab-Workshop mam CSEN

(5. Mee 2022) am Kader vum Projet ‘PE 2025’

D’Divisioun fir Curriculumsentwécklung vum SCRIPT hat de Membere vum Conseil supérieur de l’Éducation nationale (CSEN) am Virfeld en Informatiounsdossier zougeschéckt, dee si thematesch op déi dräi grouss Ateliersttheeme preparéiere sollt, iwwer déi si am eigentleche CoLab[2], de 5. Mee 2022, diskutéiert hunn. 16 Membere vum CSEN waren de 5. Mee present an hate sech am Konferenzzenter vum Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse a Clausen afonnt, fir iwwer dräi zentral Sujeten ze diskutéieren, déi d’Curriculumsdivisioun am Schouljoer 2021-2022 mam gesamte Bildungsberäich an dräi getrennte CoLabs traitéiert huet:

1) Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental

2) Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul

3) Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul

---

2 CoLab ass ofgeleet vun ‘collaborative laboratories’. Dorënner si partizipativ Atelieren ze verstoen, déi vum SCRIPT ronderëm Ufroen, Virschléi a Projete mat Enseignanten, nationalen an internationalen Experten a Leit, déi vum Projet betraff sinn, duerchgeféiert ginn. Méi Informatiounen zur Method, déi am CoLab genotzt gëtt, ënner **https://curriculum.lu/colab.**

# 1. Steckbréif vum éischten CoLab-Workshop mam CSEN

**Wéini a Wou?**

- 5. Mee 2022 am Presentiel am Centre de conférences vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) a Clausen

**Wéi vill?**

- Vun den insgesamt 36 Memberen, aus deenen de CSEN sech zesummesetzt, hate sech 16 Memberen a Clausen afonnt.

**Wien?**

- Participanten: Membere vum Conseil supérieur de l'Éducation nationale (CSEN)
- Moderatioun: Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

**Format?**

- CoLab-Workshop mat 3 Atelieren:
  - > Atelier 1: Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental
  - > Atelier 2: Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul
  - > Atelier 3: Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul

All Participant huet un zwee vun den dräi Atelieren deelgeholl a konnt dës fräi wielen.

# 2. Introduktioun an de CoLab-Workshop

## 2.1 Presentatioun vum Oflaf vun der Konsultatiounsphas

No e puer aféierende Wierder duerch de President vum CSEN, Raoul Scholtes, huet de Responsabele vun der Curriculumsdivisioun, den Halldor Halldorsson, de CSEN-Memberen, déi present waren, méi genee erkläert, wéi eng Entwécklunge réckbléckend zum Projet, Plan d'études 2025' gefouert hunn an den Ausgangspunkt ware fir e grouss ugeluechtene Konsultatiounsprozess fir en neie Plan d'études ze lancéieren.

Den aktuelle Plan d'études geet op déi lescht Grondschoulreform am Joer 2009 zeréck. D'Grondschoul an och d'Realitéit baussent der Schoul hunn zanterhier Verännerungen duerchlaf. Et ass un der Zäit, mat Bléck op dës Verännerungen, eng Revisioun vum aktuelle Plan d'études unzedenken. Säit 2009 koumen eng Rei Impulser, déi en Iwwerschaffe vum Plan d'études noleeën: dorënner sinn d'Resultater vun den Épreuves standardisées (EPSTAN) an d'Schafung vun de Programmkommissioune fir de Fondamental am Joer 2018 ervirzehiewen. De MENJE ass säit der Grondschoulreform vun 2009 mat Projeten an Initiative fir de Fondamental mandatéiert ginn, déi de Curriculum am Fondamental verännert hunn: dorënner d'Konzeptioun vum Fach Vie et société, de Coding an déi nei Franséischbicher, déi och eng aner Approche un d'Franséischléieren mat sech bréngen. De Plan d'études vun 2009 muss och op Grond vun dëse Verännerungen ugepasst ginn.

Am Joer 2020 am Confinement goung vun der Bildungspolitik de Message un d'Léierpersonal, déi geplangten Inhalter fir d'Schouljoer 2019/2020 op dat Wichtegst ze reduzéieren. Dobäi gouf däitlech, dass den aktuelle Plan d'études net sou opgebaut ass, dass e fir de Fondamental e kloere Konsens doriwwer vermëttelt, wat genee dat Essentielst ass.

Déi 7 Programmkommissiounen aus dem Fondamental (CNEF) hu sech zanter 2019 fir d'Iwwerschaffe vum Plan d'études ausgeschwat.

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung huet 2020 via Online-Workshoppe mat de 7 Programmkommissiounen (CNEF) an dem 'Collège des Directeurs aus dem Fondamental' (CoDir EF) zum Theema, Plan d'études' geschafft an diskutéiert. Den 10. Juni 2021 hunn dës Acteuren dem Educatiounsminister Claude Meisch hir **Avise** presentéiert.[3]

3 Dës Avisen fannt Dir als PDF op: **https://www.curriculum.lu/enseignement-fondamental.**

Doropshi gouf decidéiert, e breede Konsultatiounsprozess ze lancéieren an de ganze Bildungsberäich ze invitéieren, fir iwwer d'Programmentwécklung am Fondamental an d'künfteg Ausriichtung vun der Grondschoul matzediskutéieren. Nach virun der grousser Vakanz vum Schouljoer 2020/2021 huet d'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung d'Enseignantsvertrieder vum 'SNE', 'SEW' an 'AIP' gesinn, an dës hunn hir Meenungen iwwert de Plan d'études duergeluecht.

Vu Summer bis Enn 2021 sinn déi nächst Etappen nach méi am Detail geplangt ginn an déi grouss CoLab-Theeme vum Konsultatiounsprojet goufe festgeluecht.

D'Iwwerschaffe vum Plan d'études ass e Projet, deen eng grouss Envergure huet. Et ass wichteg, dass all d'Acteuren an en transparente Prozess abezu ginn, fir dass d'Konzept, wat proposéiert gëtt, op engem gréisstméigleche Konsens baséiere kann.

Am Verlaf vum Konsultatiounsprozess an de Schouljoren 2021/22 an 2022/23 gouf d'Personal aus dem Bildungsberäich invitéiert, fir zu sechs CoLab-Theeme Stellung ze bezéien:

1) Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental
2) Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul
3) Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul
4) Evaluéieren am Fondamental
5) Méi Transversalitéit am Plan d'études?
6) D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung

Och d'Kanner an d'Elteren goufe konsultéiert an ëm hir Meenunge gefrot. En Iwwerbléck iwwert de gesamten Oflaf vum Prozess an d'Rapporte vun all de CoLaben, déi organiséiert gi sinn, si publizéiert op **https://curriculum.lu/PE_index**.

Iwwer de gesamte Konsultatiounsprozess goufen en etlech Gespréicher mat méi spezifeschen Acteuren an Experten gefouert. De 5. Mee 2022 war et eng éischte Kéier um Conseil supérieur de l'Éducation nationale (CSEN), fir der Divisioun fir Curriculumsentwécklung hir Iwwerleeungen zu den dräi éischte CoLab-Theeme mat op de Wee ze ginn. De Rapport vun dësem Workshop wäert zesumme mat alle Reflexioune aus dem Konsultatiounsprozess d'Iwwerschaffe vum Plan d'études mat guidéieren.

## 2.2 Atelieren

D'Ateliere goufen vu jee zwee Mataarbechter aus der Divisioun fir Curriculumsdivisioun encadréiert, déi moderéiert an den Input festgehalen hunn. Et gouf ë.a. iwwer follgend Froen diskutéiert:

**Fir den Theemeberäich 'Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental':**

- Wat sinn d'Erausfuerderungen, deene sech eis Gesellschaft aktuell an an Zukunft stelle muss?
- D'Fërderung vu wéi enge Wäerter a Kompetenze feelt momentan an der Schoul?
- Wat sinn déi essentiell Wäerter a Kompetenzen, déi an der Schoul solle gefërdert ginn?
- Wéi mussen de Plan d'études an de Curriculum sinn, fir dës Visioun kënnen ëmzesetzen?

**Fir den Theemeberäich 'Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul':**

- Wéi eng Sproochkompetenzen (Literacy, wéi eng Sproochen, Bildungssproochen, Sproochkompetenzniveauen, ...) brauch de Bierger vu muer?
- Wat sinn Är Demanden an Erwaardungen am Zesummenhang mam Sproochenunterrecht?
- Wéi gesitt Dir d'Alphabetiséierung am Zesummenhang mat der sproochlecher Diversitéit?
- Wéi eng Inhalter géift Dir gären am Plan d'études (an an engem Curriculum) am Bezuch op Méisproochegkeet fannen?

**Fir den Theemeberäich 'Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul':**

- Wat leeft gutt bei de schouleschen Iwwergäng?
- Wéi eng Mesuren, Initiativen a Formater droe momentan dozou bäi, dass d'Kand seng Iwwergäng meeschtert?
- Wéi ginn d'Kanner an hir Eltere bei de schouleschen Iwwergäng begleet? (Informatioun, Preparatioun, Ënnerstëtzung – virdrun, wärend an duerno)
- Wat leeft net esou gutt bei den schouleschen Iwwergäng?
- Wéi kéint een d'Iwwergäng fir d'Kand a seng Elteren besser gestalten? (Iwwergang EF-ES, Orientatioun Classique-Général)
- Wéi missten ee Plan d'études an de Curriculum sinn, fir eng besser Stäip bei schouleschen Iwwergäng ze sinn? (Orientatiounskrittären, ...)

# 3. Zesummefaassung vun den Diskussiounen

Et ass wichteg, virun der Zesummefaassung vun den Ateliersdiskussiounen hei unzemierken, dass d'Participantë vun dësem CoLab an hirer Funktioun als Membere vum CSEN d'Meenung vun deem Groupe de partenaires vun der Schoul vertrueden hunn, fir dee si als Stellvertrieder mandatéiert gi sinn. Donieft huet all Acteur natierlech och seng ganz perséinlech Meenung, déi am Verlaf vun enger Diskussioun kann ervirtrieden. An den Aussoen, déi elo op deenen nächsten Säiten duergeluecht ginn, kënne sech dës privat a professionell Meenungen vermëschen. D'Aussoe goufen anonymiséiert, sou dass net erkennbar ass, wéi e Groupe de partenaires wéi eng Meenung geäussert huet. Et soll ënnerstrach ginn, dass d'Aussoe vun Eenzelnen net ëmmer d'Meenung vum gesamte presente Grupp sinn. De Rapport gëtt d'Haaptaussoen op dësem Nomëtteg erëm a rekonstituéiert sou d'Diskussiounen. D'Zil war et, d'Meenungen a Gedanke vun de Participanten ze sammelen an net, e Konsens bei alle Participanten zu engem oder méi Theemen erbäizeféieren. Mir rapportéieren zudeem, wat an zwee verschiddenen Ateliere zäitgläich geschwat ginn ass. Sou hat net all Acteur duerch d'Konzeptioun vum CoLab a vum Mëtteg d'Méiglechkeet, op all d'Aussoen ze reagéieren, well en net an all Atelier bei de Gespréicher konnt dobäi sinn.

## 3.1 Atelier 1: Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental

Am Atelier zur gemeinsamer Visioun fir den Enseignement fondamental gouf sech d'Fro gestallt, wéi eng **curricular Rumm** fir d'Grondschoul géif gebraucht ginn. D'Bild vum **Léierkompass** huet d'Diskussiounen dësen Nomëtteg am Atelier, Visioun' ageleet, verbonne mat der Fro, wéi ee Kompass u Wäerter, Haltungen, Skills a Wëssen, wéi **eng Kompetenzen** deemno, de jonke Mënsch muss mat op de Wee kréie muss, fir an der Welt vu muer kënne fir sech perséinlech ze reusséieren[4].

Eng vun den éischten Aussoe war, dass d'Kand grondsätzlech **Achtsamkeet** entwéckele sollt, fir op säin eegent Wuelbefannen opzepassen a sech selwer kënnen ze spieren. D'Liewe géif begleet gi vu vill **Drock**. D'Gefore vu Burnout misste vermëttelt ginn, **Resilienz** sollt geléiert ginn. De Constat war, dass munnech Kanner schonn hallef ausgebrannt wieren, ier se am Beruffsliewe ukéimen.

Et gouf ausféierlech iwwer d'**Erausfuerderungen** diskutéiert, deene sech eis Gesellschaft aktuell an an Zukunft misst stellen. **Schnellliewegkeet** an **Onsécherheet** géifen eis Zäit prägen. **D'Flexibilitéit** am Liewe wier eppes, wat ee léieren an unhuele misst. **Oppe bleiwen, flexibel bleiwen, sech adaptéiere** kënnen, wiere Stäerkten, déi een haut an an Zukunft bräicht. D'**Nohaltegkeet** gouf als déi grouss Erausfuerderung vun haut a muer genannt an als Wäert, deen ee virliewe misst a virgelieft sollt kréien. D'Konsumverhalen an d'Konsumgesellschaft misst een demno iwwerdenken.

4 D'Bild vum Kompass hëlt Bezuch op den Learning Kompass 2030 vun der OECD. **https://www.oecd.org/education/2030-project/teaching-and-learning/learning/learning-compass-2030/** (Stand: 28.11.2022).

D’Weiderbildung géing fir de Jonke vu muer liewenslaang dozougehéieren – eng **liewenslaang Bereetschaft** fir **ze léieren** misst vu Kand un ausgebilt ginn.

D’Schoul hätt Bildungs-, Erzéiungs-, Sozialisatiouns- a Qualifikatiounsfunktiounen ze erfëllen. Si géif doriwwer eraus selektionéieren a legitiméieren. Et misst een Discours doriwwer gefouert ginn, wéi eng **Wäerter** d’Schoul grondsätzlech vermëttele sollt. D’Membere ware sech eens, dass d’Schoul aus all Kand e **kritesche Bierger** soll maachen an déi **individuell Stäerkten** an domat d’**Chancegläichheet** soll förderen. **D’demokratesch Grondwäerter**, dorënner och d’Gerechtegkeet an d’Mënscherechter, wiere Kärwäerter, déi missten héich gehale ginn. Genee sou misst d’Bedeitung vun enger Culture de la diversité, vu Solidaritéit an Inklusioun duerch d’Schoul vermëttelt ginn.

Et misst sech d’Fro gestallt ginn, wéi eng Gesellschaft mir fir muer gären hätten. Dat géif enk domadder zesummenhänken, wéi eng Kandheet d’Kand elo hätt a wéi eng Kandheet mir förderen a begleede wéilten. D’Schoul wier d’Gesellschaft am Kléngformat. Hei géif d’Zesummeliewen ageüübt ginn. D’Schoul géif d’Gesellschaft deemno mat zesummenhalen a kréich haut Aufgabe bäi, déi soss gréisstendeels vun der Famill bzw. duerch d’Elteren iwwerholl gi wieren.

D’Schoul sollt deem Eenzelnen d’Méiglechkeet ginn, seng Fäegkeeten auszebauen a se komplett ze notzen, fir säin Zukunftswee kënnen ze maachen. Et géif zur Missioun vun der Schoul gehéieren, dem Jonke seng Talenter a Fäegkeeten auszebauen an se an him ze erwächen. De **kompetenzorientéierten Unterrecht** wier dohier immens positiv. D’Hard Skills (d’noweisbar an zertifizéierbar Kenntnisser, d’fachlech Fäegkeeten a Qualifikatiounen) an d’Soft Skills (d’Ausbildung vu charakterlechen Eegenschaften, perséinlechen, tëschemënschleche Stäerkten) sollten net getrennt vunenee vermëttelt ginn, mee a **Verbindung mateneen**.

Generell wënscht een sech eng méi staark **Vernetzung** vun Theemen, Fächer a Kompetenzberäicher an der Schoul a méi **Projetsaarbecht**.

Ee méi **transversalen Unterrecht** géing méi Liewensnoheet vu schouleschen Inhalter vermëttelen. E puer Participantë wënschen sech, dass **manner a Fachkategorie** geduecht gëtt an d’Schoul méi weist, a wéiwäit een d’Kompetenzen aus verschiddene Fächer brauch an asëtze muss, fir e Problem ze léisen. D’problembaséiert Léieren wier eng gutt Approche: Net am klengsten Detail virginn, wat ze maache wier, mee d’Kanner selwer op d’Léisung vu Problemer komme loossen. De Schüler sollt selwer als Coach agéiere kënnen, z.B. iwwer de Wee, dass méi al Schüler, deene méi Jonken hëllefe géifen.

**Experte vu baussen**, déi transversal Inhalter an der Schoul vermëttelen, praktesch a liewensno mat de Kanner schaffen, kéinten eng Beräicherung sinn.

**Spilleresch** kéint ee verschidden Theemen a Kompetenze besser un déi Jonk erubréngen. Léiere soll schliisslech Spaass maachen.

Wat also an de **Rucksak** vum jonke Mënsch paken? D'Memberen hunn zesummegefaasst: E gewëssent **fachlecht, psychologescht an technescht Grondwëssen** a **sozial Stäerkten**, wéi Zesummenhalt, an Autonomie. Et wëll een e **kriteschen, mündege Bierger mat enger oppener Haltung** forméieren. Hei kéint **d'formal Bildung eng Basis** sëtzen, d'informell an och **d'non-formal Bildung géifen ënnerstëtzend wierken.**

De jonke Mënsch bräicht e **Sproochbewosstsäin**. Et bräicht een eng staark **Éischtsprooch**, fir e mündege Bierger kënnen ze sinn, a méiglechst vill weider Sproochen op engem héijen Niveau niewendrun. Net all Schüler misst dobäi een 'native Speaker' ginn, mee sollt **sech fräi a verschiddene Sprooche beweegen** an ausdrécke kënnen. De Wäert vum Engleschen als 'Lingua franca' misst diskutéiert ginn.

De Jonke misst **digital kompetent** sinn.

**D'Participanten hunn d'Fro opgeworf, ob d'Orientatioun** an der Schoul net ze fréi wier. De System wier selektiv a sollt sech méi um Rhythmus vum Schüler orientéieren. D'Schoul sollt dem **Kand Zäit loossen**, awer gläichzäiteg net bremsen.

D'Schoul soll **fir jiddereen accessibel sinn**. Si soll ënnerschiddlech Profiler ausbilden an ënnerschiddlech Profiler akzeptéieren. Si soll jiddereen zum Maximum vu sengem Potenzial férdere kënnen. Et misst sech un de Rhythmus vun de Schüler ugepasst ginn a net nëmmen de Programm, stur' duerchgezu ginn, an awer soll de Schüler léieren, een Effort mussen ze maachen. De System géif engem momentan matginn, dass Feeler negativ sinn. Eng **Feelerkultur**, déi de Wäert vum Feeler fir eng Neiausriichtung schätzt, misst sech etabléieren.

Den **Austausch** tëscht **Enseignement fondamental a secondaire** misst intensivéiert ginn. D'Visioun vum EF misst an der Kontinuitéit vum ES weidergoen, sou misst villäicht och de Premièresexamen mat Bléck op e kompetenzbaséierte Parcours reforméiert ginn.

*Wéi muss de Plan d'études resp. de Curriculum sinn, fir dës Visioun vum Fondamental kënnen ëmzesëtzen?*

Et wier gutt, wann de Plan d'études ausgéing vun de Schlësselkompetenzen, déi mir gären an der Gesellschaft vu muer hätten.

Den neie Plan d'études misst zu Leeschtung an Effort motivéieren, iwwerhaapt **d'Motivatioun vum Kand** beim Entfale vu senge Kompetenzen férderen.

Et misst eng gesamtgesellschaftlech **Akzeptanz** geschaf ginn fir dëse Curriculum. Eréischt da kinnt en a senger ganzer Déift ëmgesat ginn. An d'Akzeptanz vum Terrain misst do sinn fir den neie Plan d'études. Am Moment wieren d'Bicher déi heemlech Plans d'études.

Et gouf och d'Preferenz geäussert, fir d'Schoulbicher national selwer ze maachen, fir besser op déi Lëtzebuerger Besoine kënnen anzegoen.[5]

De Plan d'études misst do sinn, fir nei Weeër ze weisen, fir Afloss bis an den Unterrecht ze hunn. Et wier vill Wëllen, Fäegkeeten an Energie beim Léierpersonal do, mee d'Zännrieder vum System géifen net ëmmer richteg aneneegräifen.

Den Plan d'études misst **e flexibelen Tool** sinn.

**D'Ausbildung vum Schoulpersonal** misst iwwerduecht ginn. Eng Rei Participanten hu gesot, dass d'Funktioun vum Enseignant sech verännert hätt. De Roll vum Enseignant géif sech méi a Richtung **Léierbegleeder veränneren**. D'Formation continue wier wichteg an d'Concertéieren an Équipes pédagogiques ganz wichteg. **Teamwork** wier haut wichteg. Et misst och kloer sinn, wien engem wéini a wou hëllefen an wien ee begleede kinnt, fir dass een sech net alleng géif spieren.

De Schüler misst am Mëttelpunkt stoen an a **senger Ganzheet** gesi ginn. E misst begleet ginn a seng Talenter missten ervirgehuewen a considéréiert ginn, och déi Qualitéiten, déi net onbedéngt typesch schoulesch wieren.

Zu gudder Lescht huet den Atelier drop verwisen, dass iergendwou och alles eng **Bewäertungsfro** wier an och net vergiess dierft ginn, dass d'Zäit, déi d'Schoul zur Verfügung hätt, e groussen Afloss hätt. D'Zäit wier dee '4. Pädagog', sou e CSEN-Member.[6]

## 3.2 Atelier 2: Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul

Ugangs vun dësem Atelier gouf sech mat der Fro ausernee gesat, wéi ee **Sproocheprofil** d'Lëtzebuerger Schoul fir d'Gesellschaft vu muer ausbilde sollt. Den **Trilinguisme** ass zu Lëtzebuerg gesetzlech mam Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 verankert.[7] Dës spezifesch national Dräisproochegkeet muss de Participanten no weider bestoe bleiwen a vun der Schoul erhale ginn. Et war allgemeng Konsens do, dass an der Gesellschaft misst akzeptéiert ginn, dass ënnerschiddlech Niveauen an deenen dräi Sproochen vun der Schoul ausgebilt ginn an d'Schoul net méi d'Zilvirstellung kann erfëllen, bei alle Schülerinnen a Schüler eng perfekt ausgebilten Dräisproochegkeet (Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch) ze erreechen.

5 Am Moment ginn déi meescht Schoulbicher am Enseignement fondamental national erstallt, mee den Artikel 11 am Schoulgesetz vum 6. Juni 2009 gëtt de Schoulen d'Autonomie, wat d'Notze vu Bicher ugeet.

6 Et gëtt d'Expressioun, dass de 'Raum' den drëtte Pädagog ass, wann déi aner Kanner an d'Léierpersonal den éischten an zweete Pädagog sinn. D'Zäit gëtt dann hei dobäigezielt an zum véierte Pädagog, well se een Impakt op d'Léieren an d'Schoul huet.

7 Loi sur le régime des langues du 24 février 1984. URL: **https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/1984/02/24/n1/jo** (Stand: 07.12.2022).

Donieft misst **d'Angscht**, bei der Verwendung vu Sprooche Feeler ze man, aus de Käpp verschwannen. Beim Sproocheléieren hätte fréier Schülergeneratioune mat op de Wee krit, dass alles misst perfekt sinn. D'Angscht virum Feeler bei der Verwendung vu Sproochen wier esou an der Lëtzebuerger Mentalitéit verankert ginn. An dëst wier gréisstendeels dorop zréckzeféieren gewiescht, wéi d'Schoul un de Sproochenunterrecht erugaange wier.

Dem schrëftleche Sproochgebrauch géif méi Bedeitung bäigemooss, wéi dem mëndlechen. Déi eigentlech **Kommunikatiounsfunktioun vu Sprooch** géif esou hannert d'orthografesch a grammatesch Korrektheet réckelen.

Déi däitsch Sprooch géif zu Lëtzebuerg net wierklech wéi eng Zweetsprooch ënnerriicht ginn. Dobäi hätt sech de Stellewäert an d'Virkomme vun der däitscher Sprooch zu Lëtzebuerg duerch d'Migratioun awer däitlech verännert. **D'franséisch Sprooch wier haut an der Gesellschaft vill méi verbreet**, wéi déi däitsch. Et wéisst een net, wéi dës Sproochesituatioun weider evoluéiere géif.

Eens ware sech d'Membere vum CSEN doranner, dass een am Enseignement fondamental eng differenzéiert Approche am Bezuch op d'Sproocheléiere bräicht.

Mam Pilotprojet vun enger **Alphabetiséierung op Franséisch**[8] géifen am C1 schonn d'Weiche gestallt ginn, wéi ee Sproocheprofil sech beim Kand géif ausbilden. Als Schoul an als Elteren misst een hei ganz fréi fir d'Kand decidéieren, well dës Entscheedung am C1 getraff géif ginn. D'Fro gouf opgeworf, wie konkret an dës Decisioun agebonne géif ginn, déi duerno d'Reiefolleg an d'Gewiichtung vun de Schoulsprooche beim Kand géif bestëmmen. A weider gouf gefrot, opgrond vu wéi enge Krittären se getraff géif ginn. Grondsätzlech hunn d'Memberen de **Pilotprojet begréisst**. Et wier wichteg fir d'éischt eng Pilotphas ze maachen an net direkt flächendeckend eppes anzeféieren, well d'Sproocheproblematik ze wichteg wier.

E Participant huet dunn ugemierkt, dass momentan am System dem Kand säi schoulesche Parcours an domat och säi beruffleche Wee fréi duerch seng Sproochkenntnisser entscheedend matdeterminéiert géife ginn: *„Wat ass wierklech Integratioun? Fir mech ass et Chancegläicheet"*, sou dësen.

D'Langue véhiculaire vum Unterrecht misst agehale ginn; hei géif nach ze dacks tëscht Lëtzebuergesch an der eigentlech virgeschriwwener Unterrechtssprooch gewiesselt ginn. Kanner, bei deenen an der Famill doheem virrangeg Lëtzebuergesch géif geschwat ginn, kéinte kloer **tëscht dem Lëtzebuergeschen an der Schoulsprooch Däitsch ënnerscheeden**: *„Fir si ass kloer, dass alles, wat net Lëtzebuergesch ass, Däitsch muss sinn."* Fir lusophon Kanner z. B. wier et awer an der

8 De Pilotprojet "Zesumme wuessen. Alphabetiséierung op Franséisch" ass am September 2022 a véier Gemengen Diddeleng (Schoul Däich), Déifferdeng (Schoul Uewerkuer) , Schëffleng (Schoul Nelly Stein) a Fiels als Pilotprojet offiziell lancéiert ginn. URL: **https://script.lu/de/news/2022-05/zesumme-wuessen-alphabetiseierung-op-franseisch** (Stand: 15.12.2022).

Regel guer net esou evident tëscht den enk verwandte Sproochsystemer ze ënnerscheeden. Bei der Alphabetiséierung géif et da problematesch, wann d'Sproochsystemer, Däitsch a Lëtzebuergesch' net kloer getrennt géifen, mee et zu Sproochvermëschunge kéim, sou d'Persoun weider.

Eng éischt akademesch Sprooch misst sech festegen, éiert een eng 2. oder 3. sollt drop tässelen. D'Membere waren sech eens, dass een eng **staark Éischtsprooch** misst ausbilden, onofhängeg dovunner, wéi eng dat soll sinn. Nieft Franséisch an Däitsch gouf och iwwer déi englesch Sprooch geschwat, déi sech lues awer sécher och géing zu Lëtzebuerg méi verbreeden. Sou gouf d'Fro an de Raum gestallt, ob de reell geliefte Trilinguisme an der Gesellschaft nach ëmmer der traditioneller Konstellatioun vun de Landessproochen, Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch' entsprieche géif oder ob d'Englescht eng vun dëse Sprooche lues ersetze géif bzw. déi bestoend Konstellatioun(en) erweidere géif. D'Realitéit vum Aarbechtsmarché wier, dass e méisproocheg wier an den Afloss vun der englescher Sprooch géif zouhuelen. Et géif en Environnement anglophone a verschiddene Beruffsfelder.

De Kanner sollt nohalteg d'Angscht virun de Sproochen geholl ginn a si sollten doranner bestäerkt ginn, mëndlech wéi schrëftlech hir **méisproocheg Kompetenz** anzesetzen. Generell misst een d'Sproochen als Mëttel ugesinn, fir sech am Liewen ze verstännegen. Dorop misst een dann och d'Gewiicht leeën um Niveau vum Sproochenunterrecht an der Schoul. Et war also Konsens do, dass de mëndleche Sproochgebrauch méi misst gefërdert ginn, wéi dat traditionell ëmmer de Fall war. An donieft gouf och doriwwer nogeduecht, wéi een d'schrëftlech Kompetenze vun de Kanner nach besser kéint fërderen: Sollt ee sech hei d'Ausbildung vun enger staarker Schrëftsprooch als Zil setzen? An dëser staarker Bildungssprooch misst d'Kand dann och d'Méiglechkeet hunn, Wëssen a Kompetenzen an de STEM-Fächer vermëttelt ze kréien a sech an där Sprooch als senger Haaptbildungssprooch ausdrécken ze kënnen. D'Sprooch wier ze oft eng Brems, déi d'Ausbildung géif hemmen. Sou war et zur Langue véhiculaire d'Konklusioun bzw. e Léisungsvirschlag vun e puer Participanten, dass déi Kanner, déi Facilitéiten am Däitschen hunn, hir Mathé solle kënnen op Däitsch maachen an déi Kanner, déi méi Facilitéiten am Franséischen hunn, d'Mathé sollten op Franséisch kënne maachen.

Den Ëmgang mat Sproochen no der **L1 an L2-Gewiichtung**, wéi et aktuell an den ëffentlechen Europaschoulen de Fall wier, gouf als **méiglech Pist** fir de ganzen ëffentleche System proposéiert.

De Participantë war et awer wichteg festzehalen, dass eng gemeinsam Integratiounssprooch a Schoul a Gesellschaft gebraucht géif ginn, fir dës zesummenzehalen. Dës Roll soll d'Lëtzebuerger Sprooch weiderhin iwwerhuelen. Lëtzebuergesch wier linguistesch net souwäit ausgebaut, dass et als Alphabetiséierungssprooch an Erwägung kéint gezu ginn.

D'**Beruffsausbildung** war ee weidert Theema an dësem Atelier. Traditiounsgeméis géif déi däitsch Sprooch als Unterrechtssprooch an der Beruffsausbildung dominéieren. Net all Ausbildung géif op Franséisch ugebuede ginn. Et gouf och driwwer geschwat, op wéi eng Elementer am Sproochenunterrecht vun der Formation professionnelle méi Gewiichtung sollt geluecht ginn:

E Sproochenunterrecht, dee méi humanistesch ausgeriicht wier, een dee méi Gewiicht op den Alldagswuertschatz géif leeën oder e Sproochenunterrecht, deen de spezifesche Fachwuertschatz géif vermëttelen, dee fir dat Beruffsfeld relevant wier, op dat sech d'Schülerin an de Schüler an der Formation professionnelle jeeweils géinge virbereeden? Dës lescht Optioun gouf als méi wichteg ugesinn, also eng méi **praxisbezunne Sprooch**. Och hei kéime konstant méi englesch Fachbegrëffer bäi. Et gouf net diskutéiert, ob a wéi en Impakt dës Demande op de Plan d'études an d'Sproocheléieren am Fondamental kéint hunn.

D'Diskussiounen hu sech weider an d'Richtung vun den **Erwaardunge** beweegt, déi d'Memberen un d'Schoul formuléiere géifen, wann et ëm d'Sproocheléieren an eng méisproocheg Ausbildung geet. Hei hunn si hir Gedanken, déi bis ewell ausgefouert gi sinn, nach emol zesummegefaasst:

Grondsätzlech wënsche si sech eng **Flexibiliséierung an Diversifizéierung** vum System bannent engem gewëssene Kader. Et misst een de Sproochenunterrecht strukturell änneren, e Groussdeel vum Schoulsystem ëmstrukturéieren: Den Niveau, deen an den eenzelne Sproochen uviséiert gëtt, misst méi nuancéiert gekuckt ginn. Donieft soll d'Sprooch keng Barrière méi sinn, fir sech an den Net-Sproochefächer Kompetenzen unzeeegnen. D'Kanner sollten d'Méiglechkeet kréien, Mathé an déi aner STEM-Fächer asw. an där Langue véhiculaire (Däitsch oder Franséisch) kënnen ze léieren, déi hinnen am meeschte läit. D'Participanten hu sech fir den Ausbau vun enger staarker Bildungssprooch ausgeschwat, an hunn och d'Iwwerleeung an den Discours matabruecht, fir generell ee bilinguale System ze maachen, wou d'Kanner aus dem zweegleisege System dann awer am Sport, an der Musek an am Haff nees duerchméscht wieren.

Heiru schléisst sech un, dass och d'Evaluatioun sech misst veränneren a genee sou méi flexibel an differenzéiert misst gestalt ginn.

Et misst een d'Méisproochegkeet op verschiddenen Ebene kucken: d'Alphabetiséierung op där enger Säit an op där anerer Säit d'grondsätzlech méisproocheg Kommunikatiounskompetenz; béid Aspekter vum Multilingualismus wieren eng Erausfuerderung.

D'Participantë waren der Usiicht, dass e gesellschaftleche Konsens fir de Sujet 'Méisproochegkeet an der Schoul' misst fonnt ginn. Fir e Schoulsystem ze dréinen, bräicht et 10 bis 20 Joer. D'Iddi fir e Bildungsdësch anzeberuffe fir e gesellschaftleche Konsens erbäizeféieren, gouf an de Raum gestallt. D'Weich a Richtung Konsensfannung wier mam Konsultatiounsprozess an den aktuelle Bestriewungen am Bildungssystem geluecht.

## 3.3 Atelier 3: Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul

Dësen Atelier ass ausgaange vun deene Punkten, déi aktuell am Kontext vun den Iwwergäng als **'gutt'** empfonnt gi sinn. Do gouf als éischt ugemierkt, dass **d'Aféierung vun den Équipes pédagogiques** bei der Bildungsreform vun 2009 eng gutt Initiativ gewiescht wier. Et géif, och doduerch, haut ënnert dem Léierpersonal **méi an Équipë geschafft** ginn an den Enseignant géif manner als Eenzelkämpfer agéieren.

Och **de Bilan** als Evaluatiounsinstrument hätt **positiv Auswierkungen am Verglach zur fréierer Zensur:** D'Bilansgespréicher wieren eng gutt Saach. D'Gespréich tëscht Léierpersonal an Elteren hätt sech doduerch verännert, de **Kontakt wier méi en direkte ginn**. Op de Bilan géing ee méi an wéi op d'Zensur fréier. Als Elteren kréich ee méi mat.

Op d'Cyclë gekuckt, hätt een d'Gefill, dass de **Cycle 1 nach oft à part** géif funktionéieren, well en gebäilech villeruerts getrennt wier vun den anere Cyclen. Och wa just 10 Meter tëscht de Gebaier léichen an se no beienee wieren, géif dat eng Distanz schafen, déi een Impakt op d'Zesummenaarbecht tëscht dem Léierpersonal an op den Informatiounsfloss kéint hunn. Och fir d'Kand géif den Iwwergang dann ee Wiessel vum Gebäi bedeiten a kéint als grousse Broch empfont ginn. Wann d'Cyclen all op engem Site zesumme wieren, wier et méi einfach. Bei Neibaute géif et en **Trend a Richtung vum nämmlechte Gebai** ginn. **D'Mesures intercycles** wiere gutt, fir den Austausch tëscht de Cyclë vu Kanner a Léierpersonal ze förderen.

D'Participanten hunn och den **Iwwergang, Schoul-Maison relais**' thematiséiert, dee fir vill Kanner méi dacks am Dag stattfënnt. Den Dageshoraire fir d'Kanner géing oft vu moies 7 bis owes 7. Permanent kréichen d'Kanner Input an et géing hinnen un Zäit feelen, fir dësen ze verschaffen. Si kréichen net déi néideg Zäit, fir sech zréckzezéien. Kanner bräichte Rou fir kreativ kënnen ze sinn. Positiv gouf ugemierkt, dass d'Kanner an der Maison relais awer vill Entscheedungsfräiraum doriwwer hätten, wéi se hir Zäit do wéilte verbréngen a si sech d'Aktivitéiten, déi si géingen interesséieren, kéinten eraussichen. Et geséich een awer, dass et vill Kanner mat Problemer géinge ginn. Dofir bräicht ee keng Etüd ze maachen. Et wier e Risiko do, dass d'Kanner an Zukunft nach méi Zäit an de Maison-relaise géinge verbréngen, wann den Accueil bis gratis géing ginn.[9] D'Elteren hätte kee reelle Choix, et wier eng Äntwert op eng ökonomesch Fro.

*„Et leeft, well et muss"*, sou ee Participant vum CSEN. *„Vill Spillschoulskanner si vu moies fréi bis owes spéit an der Schoul an an der Maison relais encadréiert. Dat ass e chargéierte Programm. D'Kanner ginn net gefrot. Et leeft momentan sou, mee ass dëst nach glécklech fir d'Entwécklung vun de Kanner?"*

9 Méi Informatiounen zur Gratuitéit vun der non-formaler Bildung ënner: URL: **https://men.public.lu/lb/actualites/communiques-conference-presse/2022/07/12-gratuite-maisons-relais.html** (Stand: 15.12.2022).

Mat Bléck op d'Unzuel vun de Stonnen, déi d'Kanner haut duerch d'Maison-relaise betreit ginn, wier et wichteg, dass **d'Concertatiounen net nëmmen an der Équipe pédagogique vun der Schoul** géinge stattfannen, mee sech och **tëscht Schoul a Maison relais** concertéiert géif ginn: Eng Referenzpersoun vum Kand aus der Maison relais misst sech regelméisseg mam Titulaire de classe vum Kand kënnen austauschen. D'Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Maison relais wier an de leschte Joeren **vill méi enk** ginn, besonnesch wann et ëm den Austausch mat den Eltere géing goen.

E weidert Theema vun dësem Atelier war **d'Orientatioun an de Secondaire** am Cycle 4. Et wier e gudden Usaz, fir am **Cycle 4** d'Kanner mat de weiderféierende Schoule bekannt ze maachen. D'Kanner solle mam Enseignant Visitten an ënnerschiddleche Schoule maachen an och op eng flott Aart a Weis d'Offer am Secondaire kënne kenneléieren. Modeller wéi den ORIKA[10] solle bäibehalen an ausgebaut ginn. D'Schoulfoire, déi am Abrëll 2022 fir d'éischte Kéier stattfonnt huet, gouf als weider flott Initiativ fir d'schoulesch Orientatioun begréisst.

D'**Orientatiounsprozedur**, déi 2017 fir d'lescht verännert ginn ass, gouf positiv bewäert: Déi nei Prozedur mam Avis d'orientation géing gutt funktionéiere bei der Orientatioun fir an de Secondaire. Et géifen net vill Recoursen op d'Commission d'orientation ginn, wat och als Beleg fir d'Gelénge vun der Prozedur kéint ugefouert ginn.

Beim Iwwergang um Enn vum Cycle 4 an de Secondaire géifen eng Rei Momenter op **d'Transitioun an de Secondaire** virbereeden. Visiten a Porte-ouvertë géifen an der Reegel vum zweeten Trimester un an de Lycéeë stattfannen. Wärend dem éischten Trimester op 7ième hätt sech a ville Lycéeën e Coaching etabléiert, wou d'Schüler aus den ieweschte Klassen d'7ièmes-Schüler bei hirem Start am Lycée encadréiere géifen.

Eng **Reorientéierung am Lycée** wier do méi einfach, wou Classique a Général bannent engem Lycée ugebuede géife ginn. Hei kéinten d'Kanner, déi reorientéiert misste ginn, mat Gedold a Bienveillance ouni Problem direkt am Ufank vum Schouljoer tëschent Allerhellegen a Chrëschtdag reorientéiert ginn an einfach am anere Regime virufueren.

Am **Cycle inférieur vum Secondaire** géifen d'Kanner nach net genuch virbereet ginn op de Choix, deen duerno beim **Iwwergang an de Cycle supérieur** fir si ustéing. D'Elteren géifen och nach net genuch informéiert ginn, fir, en connaissance de cause' de richtege Choix mat hirem Kand kënnen ze treffen. Nieft dem Avis d'orientation géif et wéineg Informatioun an Encadrement beim Choix vun de weiderféierende Schoulen a bestoenden Ausbildungsrichtunge ginn.

10 ORIKA steet fir 'Orientatioun fir Kanner'. Et sinn dëst Aktivitéiten, déi fir Kanner aus dem Cycle 4 an engem Lycée organiséiert ginn.

Grondsätzlech wier et ee vun de gréisste Problemer vum System, dass de Choix, dee fir d'Kand a senger schoulescher Orientatioun géing gemaach ginn, dacks ee '**Choix par élimination**' wier a net vun enger holistescher Vue op d'Kand ausgéing: *„Mir kucken de Schüler net no senge Stäerkten a wou en dorop bezunn soll hin orientéiert ginn, mee mir jugéieren no de Schwächten, wou d'Kand net hi ka goen a kucken, wat ëm nach bleift"*. D'Handwierk géing an deem Sënn an der gesellschaftlecher Wahrnehmung oft als lescht Léisung ugesi ginn. Do misst een Ëmdenke motivéiert ginn. Déi manuell **Beruffer** wieren an der Perceptioun vu Schüler, Elteren a Gesellschaft keng reell Optioun. Et wier an der Perceptioun vun de Leit verankert, dass den Handwierksberuff dat Eenzegt wier, wat iwwereg géing bleiwen, wann d'Kanner echouéieren. A sou wier et jo faktesch och dacks. D'Schülerinnen a Schüler géifen dann no schouleschem Frust an Enttäuschung zu hirer Handwierksausbildung kommen. Et géif gesellschaftlech net vermëttelt ginn, dass een sech och am Handwierk verwierkleche kéint. Wann et just eng **Entscheedung par défaut** wier, da wier dat dramatesch.

Et ass doriwwer diskutéiert ginn, ob **d'Orientatioun net ze fréi** gemaach géif ginn. **D'Kanner bräichten Zäit**, mee kréiche keng. Et misst een de gesellschaftlechen Drock doriwwer erausthuelen, wouhin et nom Cycle 4 géing higoen an och de Kanner duerno nach d'Méiglechkeet ginn, sech och mol un enger Ausbildungsrichtung versichen ze kënnen an da gegebenenfalls festzestellen, dass et net dee richtege Wee wier, a fir d'Entscheedung ze revidéieren. *„Mat 15 Joer ass et immens fréi, fir wierklech ze soen, ech gi Mécanicien"*, sou e Participant. Et wier schwéier, an deem Alter schonn ze wëssen, a wéi eng Richtung ee wéilt beruflech a sengem Liewe goen. Am Classique misst een sech net sou fréi beruflech festleeën, op 3ième géif een eng Richtung aschloen. D'Iddi gouf proposéiert, op 5ième Classique scho Schnupperstagen unzebidden, fir d'Beruffswelt a -villfalt kennenzeléieren. Donieft wier haut, d'liewenslaangt Léieren' e Konzept, wat an all dësen Diskussiounen jo ëmmer misst matbeduecht ginn.

E Participant hutt ze bedenke ginn, dass **méi e laangen Tronc commun** nom Cycle 4 schwiereg ze realiséiere wier. En aneren huet nach eemol op d'gesellschaftlech Connotatioune vu Classique a Général verwisen. Schonn am alldeegleche Sproochgebrauch géif d'Virstellung mat transportéiert ginn, dass et erof an de Général an erop an de Classique géing goen.

Den Enseignant, deen am Fondamental als **Generalist all d'Fächer an der Klass assuréiert**, war ee weidert Theema op dësem Nomëtteg. *„Ech géif een Enseignant pro Fach gutt fannen"*, sou ee Participant vum CSEN. Et wier ee grousse Changement, wann ee vun enger Haaptbezuchpersoun am Fondamental géif wiesselen op verschidde Proffen am Lycée. *„Et kéint een d'Kanner dorop virbereeden, andeems se an der Grondschoul schonn een Enseignant pro Fach hätten."* Et wier och méi ëmsetzbar, wann een an der Grondschoul kéint d'Fächer tëscht dem Léierpersonal opdeelen. An der Grondschoul kéint een als Enseignant méi Fächer ubidden.

Am Secondaire wier een als Enseignant méi spezialiséiert. Hei ass den Awand komm, dass een dann **d'Flexibilitéit vum Enseignant am Ëmgang mam Stonneplang** géif tangéieren: *„Ugeholl, den Enseignant ass an der Mathé net sou virukomm, wéi virgesinn, dann huet en aktuell d'Fräiheet, méi laang Mathé ze maachen. Dat geet net, wann ee pro Fach een aneren Enseignant huet."*

Zum Schluss vun dësem Atelier goufen d'Participantë gefrot, **hir Léisungsvirschléi** am Bezuch op déi genannte Problematike bei de schouleschen Iwwergäng ze nennen. Als éischte Léisungsvirschlag gouf eng méi spéit Orientatioun virun allem bannent dem Secondaire genannt: ***„Zäit kreéieren"***, sou d'Propose. D'4$^{ième}$ méi generell ausriichten an doduerch d'Entscheedung fir eng Sektioun e bëssen no hanne verlageren.

Weider huet et geheescht, dass Kanner, déi am reguläre Lëtzebuerger System net esou gutt virukéimen, misste fréizäiteg an eng **international Grondschoul** wiessele kënnen.

Donieft gouf de Wonsch no **méi klenge Gebaier** fir de Secondaire geäussert: Weiderféierend Schoulen missten net esou riseg sinn. Wann de Raum an d'Schülerunzuel iwwerschaubar gehale géif ginn, da géif dat och den Iwwergang fir d'Kand vun der Grond- an d'Sekundarschoul erliichteren.


Ofschléissend gouf de Wonsch no **méi Austausch tëscht den Enseignanten aus dem Fondamental an dem Secondaire** formuléiert: Firwat kéinten d'Enseignanten aus dem Cycle 4.2 net och mol op 7$^{ième}$ enseignéieren an ëmgedréint?


# 4. Fotogalerie

Hei fannt Dir e puer visuell Andréck vum CoLab-Workshop, deen de 5. Mee 2022 mam CSEN stattfonnt huet.

## Atelier 1: Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement fondamental





Wat sinn d'Eraus-
fuerderungen, deene sech eis
Gesellschaft aktuell an an
Zukunft muss stellen?
Legamaster
ERAUSFUERDERUNGEN
Nohaltegkeet
wéi eng Wäerter?
Discours féieren
Selektivitéit
Rythmus vum Schüler
Solidaritéit, Inklusioun ...
Talenter erwecken
hart skills/soft skills
Interdisziplinaritéit
Mir orientéieren ze fréi!
Employability
Grenze vum Schüler
Performanz
AUFGABEN
Schnellegkeet, Onsécherheet
Méisproochegkeet
Wandel
Wéi halte mer
gär d'Gesellschaft
wéi eng?
Positivt Wëssen
+
Zesummeliewen
Gesellschaft am Klengen
Alphabetiséierungs-
projet
Begleedung
Legamaster



D'Förderung vu wéi enge **Wäerter a Kompetenzen feelt** momentan an der Schoul?
Wat sinn déi essentiell **Wäerter a Kompetenzen**, déi an der Schoul solle gefördert ginn?
Schüler als Coach!
Autonomie Soft skills Oppen Haltung
Zesummenhalt
WAT MUSS
Feelerkultur
Choix léiere man!
AN DE RUCKSAK?
Autonomie
Eltieren
1. staark
Akzeptanz vu Profiler
Norm
Flexibilitéit
Digital kompetent!
Wat brauch d'Kand fir glécklech ze sinn?
Englesch als lingua franca
Legamaster



VISIOUN
Missionéieren
Teamwork
Soft Skills
Coaching
Transfer
Wéi muss de **Plan d'études** / ee **Curriculum** sinn, fir des Visioun kënnen ëmzesetzen?

## Atelier 2: Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul






DE SPROOCHPROFIL VU MUER
Kng Gamgst
Trilinguis-mus muss erhale bleiwen → mee net Niveau Erstsprache
1 staark 1. Sprooch
Integrationssprooch
MÉNDLECH
SCHRËFT-LECH
SPROOCH FIR AN DER SOCIÉTÉIT ZE COMMUNIKÉIEREN
Franséich Englesch Däitsch 1 Sprooch gudd schreiwen + schwätzen Déi aner méi schwätzen
2) SPROCHEN-KOMPETENZ VUN DEN KANNER FÖR-DEREN
3) ALPHABETISATION ZEDENKEN
Däitsch, Franséisch an Englesch op verschiddene Niveauen.
Méiglechkeet de ganze Parcours an enger Sprooch ze maachen.
Atout duerno, a net just Hindernis währenddem
Wéi eng **Sprooch-kompetenzen** (Literacy, wéi eng Sproochen, Bildungs-sproochen, Niveau,...) brauch de Bierger vu muer?



ERWAARDUNGEN
UN D'SCHOUL
SCHOOL
Léisungsvirschléi
OFFER FIR ALL KAND BESCHTMÉIGLECH DO OFHUELEN WOU EN ASS
Sprooch als Kommunikatiounsmëttel
Promouvoir la diversité dans une école unifiée
Eviter la ghettoisation
Méi Flexibilitéit bei der langue véhiculaire.
Méi Choix wat de Niveau vun de Sproochen ugeet.
Flexibilitéit
Diversifi-catioun
Akzent op 1 Hauptsprooch
Wat sinn Är Demanden an Erwaardungen am Zesummenhang mam Sproochenunterrecht?
Wéi eng Inhalter géift Dir gären am Plan d'études / an engem Curriculum par Rapport zur Méisproocheg-keet fannen?
Wéi gesitt Dir d'Alphabetiséierung am Zesummenhang mat der sproochlecher Diversitéit?



Léisungsvirschléi
OFFER FIR ALL KAND. BESCHTMÉIGLECH DO OFHUELEN WOU EN ASS
Alphabetiséierung als Zweetsprooch unterreecht → Sproochlech (mëndlech) Basis ier dat Schrëftlecht kënnt (ZAIT)
Sprooch als Kommunikatiounsmëttel
Strukturell Ännerungen ⇒ kee Gepléischters
Promouvoir la diversité dans une école unifiée
Eviter la ghettoisation
Méi Flexibilitéit bei der langue véhiculaire.
Méi Choix wat de Niveau vun de Sproochen ugeet.
Flexibilitéit
Diversifi-catioun
Projets am Team
Wéi eng Inhalter géift Dir gären am **Plan d'études** / an engem Curriculum par Rapport zur Méisproocheg-keet fannen?
Wéi gesitt Dir **d'Alpha-betiséierung** am Zesummen-hang mat der sproochlecher Diversitéit?


## Atelier 3: Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul






IWWERGÄNG
AN DER SCHOUL
ATELIERS-
AGENDA
Wéi eng Mesuren/Initiativen/Formater droen momentan derzou bäi, dass d'Kand seng Iwwergäng meeschtert?
Wéi ginn d'Kanner an hir Elteren bei den Iwwergäng begleet? (Informatioun, Preparatioun, Ënnerstëtzung – virdrun, wärend, duerno)
WAT LEEFT GUTT?
Visiten an/vu Schoulen am cycle
PROZEDUR PFS!
Holistesch Evaluation vum Kand.
Et leeft well et muss!
Austausch TIR-Schoul
YEP
Avis d'orientation
Positionéierung (Tour de table): A wéi engem Roll kënnt Dir iwwer Iwwergäng schwätzen? (als Elteren, beruffsbezunne Roll(-en), selwer an der Kandheet)
Legamaster



virdrun, wärend, du
WAT LEEFT GUTT?
PROZEDUR PFS!
Visiten an/vu Schoulen am cycle
Iwergang an der Schoul (E?) vun engem cycle an deen anere
Holistesch Evaluation vum Kand.
Et leeft well et muss!
Austosch TIR-Schoul
YEP
4.2. → 7e
PO: 4.2.
15/09: 7e
Accueil 7e
Avis d'orientation
Legamaster


Wéi kéint een d'Iwwergäng fir d'Kand a seng Elteren besser gestalten? (Broch EF-ES, fréi Opdeelung, Image ESG)
Wéi misst ee Plan d'études / ee Curriculum sinn, fir dass en eng besser Stäip bei den Iwwergäng ass? (Orientatiounskrittären,…)
WAT LEEFT NET SOU GUTT?
Léisungsvirschléi
Keng Rou
School ofbroch
Méi Zäit


WAT LEEFT NET SOU GUTT?
Handwierk ???
Iwergang vum EF → ES Schwächten gin bewert a net Stärkten
Orientéierung an d'Berufsausbildung
Informatiounen zu den Offren vun deenen verschiddenen Lyceen
GESELLSCHAFT DROCK! ORIENT. - SELECT.
ORIENTATION ASS ZE FRÉI!
keng Ro
Primärschoul: 1 Ens. Lycée: 1 Ens pro Fach
Schoul ofbroch
Legamaster


Legamaster
Léisungsvirschléi
Fir ween
Méi Zäit
Polyvalent
Orientéierung a Fonktioun vun den Stäerkten
Kloer präzis kompakt verständlech
Panoplie vun den Méiglechkeeten weisen
Enseignants 4.2.
Legamaster







# Rapport vum zweete CoLab-Workshop mam CSEN

(26. Januar 2023) am Kader vum Projet ‘PE 2025’

D’Divisioun fir Curriculumsentwécklung vum SCRIPT huet och am Virfeld vum zweete CoLab-Workshop[11] mam CSEN en Informatiounsdossier un d’Memberen vum CSEN geschéckt, fir dass si sech op déi dräi grouss Ateliersstheeme vum 26. Januar 2023 preparéiere konnten. 20 Memberen vum CSEN hate sech de 26. Januar 2023 am Konferenzzenter vum Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse a Clausen afonnt, fir iwwer déi dräi Sujeten ze diskutéieren, iwwer déi d’Curriculumsdivisioun am selwechte Schouljoer mam gesamte Bildungsberäich an dräi getrennte CoLabs geschwat hat:

1) Evaluéieren am Fondamental

2) Méi Transversalitéit am Plan d’études?

3) D’Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung

11 CoLab ass ofgeleet vun ‘collaborative laboratories’. Dëst si partizipativ Atelieren, déi vum SCRIPT ronderëm Ufroen, Virschléi a Projete mat Enseignanten, nationalen an internationalen Experten a Leit, déi vum Projet betraff sinn, duerchgeféiert ginn **https://curriculum.lu/colab.**

# 5. Steckbréif vum zweeten CoLab-Workshop mam CSEN

### Wéini a Wou?

- 26. Januar 2023 am Presentiel am Centre de conférences vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) a Clausen

### Wéi vill?

- Vun den insgesamt 36 Membere vum CSEN sinn der 20 der Invitatioun fir dësen zweete CoLab-Workshop nokomm an hu matdiskutéiert.

### Wien?

- Participanten: Membere vum Conseil supérieur de l'Éducation nationale (CSEN)
- Moderatioun: Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

### Format?

- CoLab-Workshop mat 3 Atelieren:
  - > Atelier 1: Evaluéieren am Fondamental
  - > Atelier 2: Méi Transversalitéit am Plan d'études?
  - > Atelier 3: D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung
- All Participant huet un zwee vun den dräi Atelieren deelgeholl a konnt dës fräi wielen. Den Atelier Transversalitéit gouf zwee mol ugebueden.

# 6. Introduktioun an de CoLab-Workshop

## 6.1 Réckbléck op dat zweet Joer vum Konsultatiounsprozess

D'Schouljoer 2021/2022 stoung am Zeechen vum Lancement vum grousse Konsultatiounsprozess ronderëm en neie 'Plan d'études 2025'.[12] Mat der Rentrée 2022/23 goung de Konsultatiounsprozess an e weidert Joer. Am Verlaf vun dësem Schouljoer hat d'Divisioun fir Curriculumsentwécklung eng Rei weider Entrevuë mat Acteuren an Experte organiséiert, fir sech iwwer de Plan d'études an domat verbonnen Thematiken auszetauschen. Dräi weider grouss CoLabe mam Bildungsberäich hu stattfonnt zu den Theemen:, Evaluéieren am Fondamental',, Méi Transversalitéit am Plan d'études', an zu de, Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung'. Bei dësem leschte CoLab zu de Brécken tëschent formaler an non-formaler Bildung war nieft dem Personal aus der formaler Bildung ausdrécklech d'Personal aus der non-formaler Bildung invitéiert, fir zesummen iwwer en neie Plan d'études fir d'Grondschoul an iwwer gemeinsam an ënnerschiddlech Ziler an Handlungsfelder ze diskutéieren. 86 Participanten aus dem non-formale Beräich hu mat Leit aus der formaler Bildung on- an offline matdiskutéiert.[13] An dësem Schouljoer goufen och d'Kannerateliere weidergefouert. 14 Kanneratelieren goufen tëscht Januar 2023 a Mäerz 2023 organiséiert. D'Divisioun huet, wéi am Schouljoer virdrun, Klassen aus dem Cycle 3 a 4 besicht, fir mat hinnen iwwer hir Erwaardungen un d'Schoul an un de Curriculum vun der Schoul ze schwätzen. An dësem Schouljoer goufen och d'Kanner aus aacht Klassen aus de véier Kompetenzzentere gehéiert. Méi Informatiounen zur methodescher Erugoensweis bei de Kanneratelieren fannt Dir ënner **https://www.curriculum.lu/PE-atelier-kanner**.

Domadder waren déi grouss CoLab-Momenter mam Bildungsberäich Enn Januar 2023 ofgeschloss. D'Nobereedung vun der Konsultatiounsphas an d'Fäerdegstellung vun alle Rapporten wäert nach bis Enn Juni 2023 daueren. Ab Enn Mäerz 2023 geet dann och eng intensiv Synthes- a Konzeptaarbecht fir d'Curriculumsdivisioun un.

An där leschter Woch vum Mount Januar war et nach eng Kéier um 'Conseil supérieur de l'Éducation nationale', fir der Divisioun seng Gedanken zu de leschten dräi CoLab-Theeme vun dësem Schouljoer matzedeelen.

12 Méi Informatiounen dozou fannt Dir op der Säit 7f. vun dësem Rapport.

13 Fir d'Aschreiwunge waren identesch vill Plazen fir béid Bildungsberäicher, formal an non-formal Bildung, virgesinn, fir bei den Diskussiounen eng eenegermoosse gläichméisseg Verdeelung ze hunn.

## 6.2 Atelieren

Déi dräi proposéiert Ateliere goufe vu jee zwee Mataarbechter aus der Divisioun fir Curriculumsdivisioun encadréiert, déi moderéiert an den Input festgehalen hunn. An den Atelieren gouf ë. a. iwwer follgend Froen diskutéiert:

**Fir den Theemeberäich, Evaluéieren am Fondamental':**

- Den Notze vu schoulescher Evaluatioun
- Aarten a Methode vu schoulescher Evaluatioun: Wéi sollt evaluéiert ginn a wou sollt de Schwéierpunkt bei Evaluatioune leien?
- Ass déi aktuell Evaluatioun a sinn d'Bilanen am Fondamental fir all betraffen Acteure verständlech?
- Wéi gesitt Dir d'Ënnerscheeder bei der Evaluatioun tëscht Fondamental a Secondaire? Missten Upassunge gemaach ginn? Wa jo, op wéi enger Säit?
- Wéi soll an de Secondaire orientéiert ginn? Wat missten d'Schwéierpunkte bei der schoulescher Orientatioun sinn?

**Fir den Theemeberäich 'Méi Transversalitéit am Plan d'études':**

- Wéi eng transversal Kompetenze sollten d'Kanner (weider)entwéckelen? Wéi eng Kompetenze sinn essentiell, fir spéider am privaten a beruffleche Liewen ze réusséieren?
- Wéi misst d'Schoul sinn, fir transversal Kompetenze (besser) kënnen ze fërderen?
- Wéi stitt Dir zu transversalem a fächeriwwergräifendem Schaffen? (d'Léiere vum Schüler; wat kann een tranversal erschaffen a wat net; Domainer vum Plan d'études; (net) geférderte Kompetenzen; ...)
- Wat bréngen Projeten an Initiativen an der Schoul an an der Klass?

**Fir den Theemeberäich 'D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung':**

- Wéi a wou kënne sech déi formal an déi non-formal Bildung ergänzen an ënnerstëtzen? (gemeinsame Bildungsoptrag, Léierziler, Methoden, Hausaufgaben, ...)
- Wéi gesitt Dir d'Zesummenaarbecht an d'Kommunikatioun tëschent der formaler an non-formaler Bildung? Bei wéi enge Beräicher sollt (méi) zesummegeschafft ginn?
- Prozeduren, Ressourcen an Instrumenter (PE, Non-formale Rahmenplan, PEP, PDS, ...)

# 7. Zesummefaassung vun den Diskussiounen

Et ass wichteg, virun der Zesummefaassung vun den Ateliersdiskussiounen hei unzemierken, dass d'Participantë vun dësem CoLab an hirer Funktioun als Membere vum CSEN d'Meenung vun deem Groupe de partenaires vun der Schoul vertrueden hunn, fir deen si als Stellvertrieder mandatéiert gi sinn. Donieft huet all Acteur natierlech och seng ganz perséinlech Meenung, déi am Verlaf vun enger Diskussioun kann ervirtrieden. An den Aussoen, déi elo op deenen nächsten Säiten duergeluecht ginn, kënne sech dës privat a professionell Meenungen vermëschen. D'Aussoe goufen anonymiséiert, sou dass net erkennbar ass, wéi e Groupe de partenaires wéi eng Meenung geäussert huet. Et soll ënnerstrach ginn, dass d'Aussoe vun Eenzelnen net ëmmer d'Meenung vum gesamte presente Grupp sinn. De Rapport gëtt d'Haaptaussoen op dësem Nomëtteg erëm a rekonstituéiert sou d'Diskussiounen. D'Zil war et, d'Meenungen a Gedanken vun de Participanten ze sammelen an net, e Konsens bei alle Participanten zu engem oder méi Theemen erbäizeféieren. Mir rapportéieren zudeem, wat an zwee verschiddenen Atelieren zäitgläich geschwat ginn ass. Sou hat net all Acteur duerch d'Konzeptioun vum CoLab a vum Mëtteg d'Méiglechkeet, op all d'Aussoen ze reagéieren, well en net an all Atelier bei de Gespréicher konnt dobäi sinn.

## 7.1. Atelier 1: Evaluéieren am Fondamental

### Den Notze vun der schoulescher Evaluatioun

Den Atelier, Evaluéieren am Fondamental' ass vun der iwwergeuerdneter Fro ausgaangen, firwat d'Evaluatioun eng Käraufgab vun der Schoul ass a wéi eng verschidden Ziler d'Evaluatioun an der Schoul leede sollten.

E CoLab-Participant huet doropshin d'Diskussioun lancéiert a gesot, dass **d'schoulesch Evaluatioun eigentlech** sollt **konstruktiv sinn** an d'Kand **motivéiere sollt**. Se sollt vum Kand sou erlieft ginn, dass se **Loscht mécht op méi an op d'Léieren**. Och den **Enseignant** sollt d'Evaluéieren als **eppes Positives erliewen**. Et wier schwiereg, vum Kand eng positiv Haltung zum, Evaluéiert-ginn' ze erwaarden, wann een d'Evaluéieren selwer als Erwuessenen net géing vertrieden. Alle béid, Kand an Enseignant, sollten u sech **duerch d'Evaluatioun zum Weiderschaffe** motivéiert ginn. Et wier och kulturell bedéngt, dass eise Schoulsystem éischter defizitär géif agéieren an eng Selektiounsfunktioun géif ausüben.

Jee no Moment, an deem d'Kand sech am Léierprozess befënnt, gëtt aus diagnosteschen, formativen oder aus zertifikative Grënn evaluéiert. Duerch d'Evaluatioun ginn d'Léierprozesser vum Kand beobachtbar, kënnen novollzu ginn an deementspriechend weider beaflosst ginn.

D'Fro ass opkomm, ob eng **formativ Evaluatioun** misst komplett objektiv sinn, **ob et net méi wichteg wier, dass ee mat de Produktioune vum Kand weider schaffen kéint**. Zum Optrag vun der Schoul géif gehéieren, ze qualifizéieren an Acquisen ze zertifiéieren. Wann et bis **zertifikativ** an domat entscheedend wier fir de weidere schoulesche Parcours, **misst et objektiv sinn, respektiv un enger Norm a Krittären orientéiert** sinn.

**D'Evaluatioun misst vermëttelen, wou d'Kand stéing par rapport zu engem Standard**. Se misst **kloer a verständlech** sinn an de **Wëssensstand vum Kand kloer ausdrécke kënnen**. *„Korrigierst du noch oder evaluierst du schon?"*, sou e Participant, deen dorop hiweise wollt, dass d'schoulesch Bewäertung **eng Analys vum Léierstand vum Kand erlabe soll**, also aussoe soll, wat d'Kand zu engem bestëmmte Moment kann, wat et nach léiere muss a wéi et am Léierprozess weidergeet. **Evaluatioun misst Proposen ofleeden an Aussoe maachen**. Wëssen ze reproduzéieren, dat dann nëmme fir eenzel Prüfunge gesammelt géif ginn, stéing an der Schoul nach ëmmer am Viergergrond. Och wann et lues awer sécher zu engem Ëmdenke kéim am Hibléck op eng sënnstëftend Evaluatioun. D'Evaluatioun wier gutt fir gutt Schüler a schlecht fir schlecht Schüler, huet e Participant gemengt. Bei schlechte Schüler géif se – och bei villen Efforte vun alle Säiten – demotivéierend a kategoriséierend a, gutt' an a, schlecht' Schüler wierken. D'Evaluatioun hätt een nohaltegen Impakt op d'Selbstwäertgefill vum Kand.

Et wier eng **Illusioun**, ze mengen, dass een an **d'schoulesch Evaluatioun eng absolut Objektivitéit era kéint kréien**. Och bei Punkten op 60 kéime ganz ënnerschiddlech Resultater jee no Korrektor eraus an dat wier schonn ëmmer sou gewiescht.

Sou wier et dann och eng **Absurditéit**, fir **Kompetenze mat Punkten** ze bewäerten, mee dat wier schwiereg, den Enseignanten an den Elteren bäizebréngen, net zulescht dowéinst, well an der Welt jo alles berechent géif ginn. *„U sech misst ee soe, wat de Schüler kann, amplaz eng Notte dropzesetzen, fir e Ranking kënnen ze maachen"*, sou e Participant. Och d'Format 'Prüfung um Dag X' gouf an dësem Zesummenhang ugeschwat. D'Kompetenzorientéierung an d'Format 'Prüfungen' nom ale Muster' eranzepressen', misst a Fro gestallt ginn, wat net géif heeschen, dass gewësse Wëssensinhalter net misste verënnerlecht a geléiert ginn. Fir sech Kompetenzen unzeeegnen, misst och Wëssen zertifiéiert ginn.

Zu de Missioune vun der Schoul gehéiert et, d'Léieren ze organiséieren an och d'Gelénge vum Apprentissage zu bestëmmte Momenter ze evaluéieren an ze zertifiéieren. D'Léierpersonal stéing bestänneg am **Spannungsfeld tëschent Förderen a Selektionéieren**. D'Evaluatioun wier keng einfach Tâche, weder fir d'Léierpersonal nach fir d'Kand. Sou huet e Participant an de Raum gefrot: *„Kann ee gläichzäiteg Coach a Schidsriichter sinn? Kann een engersäits d'Kand individuell kucken a soen, dass et sech vill dru gëtt, sech gutt weiderentwéckelt an dann zum Schluss doriwwer riichten, ob et duergeet an dem Schüler da soen, dass dat alles näischt wäert war?"* D'Participantë waren duerchaus der Meenung, dass an der Praxis bewise géif ginn, dass et méiglech wier, béid Rollen ze vereinbaren, och wann dëst net einfach wier.

Et gouf iwwer verschidden **Aarten a Methode vum Léieren an Evaluéieren** geschwat. An deem Zesummenhang géif sech e Participant wënschen, dass bei der Evaluatioun vu sproochleche Kompetenzen nach méi däitlech tëschent de verschiddenen Dimensioune vu sproochlecher Kompetenz ënnerscheet géif ginn: tëscht rezeptiver a produktiver Kompetenz an tëscht schrëftlecher a mëndlecher Kompetenz. Hei wier et och zentral, alle Sproochkompetenzniveauen eng gläichwäerteg Valeur ze ginn, wann et ëm d'Decisiounen doriwwer géing, ob a wouhin een am System dierft weidergoen.

**D'problembaséiert Léiere soll méi an de Vierdergrond réckelen**. An der Aarbechtswelt géif sech wéineg fir d'schoulesch Punkte vum Kandidat interesséiert ginn, vill méi relevant wier, ob een e Problem léise kéint. **Den transversale Kompetenze sollt genau sou vill Wäert bäigemooss ginn, wéi deene fachlechen.**

De lëtzebuergesche System géif op Jorgangsklassen opbauen. En Participant vum CoLab huet d'Fro an de Raum gestallt, ob **villäicht e méi flexibele System mat Modülle méi Sënn géif maachen**. U sech sollt een orientéieren, wann de Schüler sou wäit wier, fir orientéiert ze ginn. Wann ee Kand schlecht schoulesch Leeschtungen hätt, géif haut dacks en Allongement virgeschloe ginn. D'Verlängerung vum Cycle, dat drëtt Joer dann, géif fir d'Kand mat Bléck op de Programm awer ganz dacks genau d'selwecht oflafen, wéi de Programm vum Joer virdrun. Och staark Schüler séitzen an enger Jorgangsstuf 'fest' a kéimen net weider, well **de System nun mol sou onflexibel** wier. Modülle wieren dogéint méi flexibel a kéinten der Progressioun vum eenzelne Schüler méi gerecht ginn. Als Verglach gouf d'Voie de préparation genannt, wou et üblech wier, mat 2-3 Niveauen bzw. méi Programmer gläichzäiteg ze schaffen.

## Plan d'études a Bilan

Den Dispositif, Épreuves standardisées (ÉpStan)' géif e klore Feedback doriwwer ginn, ob déi viséiert Sockele vum Plan d'études mat den erreechte Resultater vun de Kanner am Fondamental iwwertenee stëmmen: An der Theorie géife verschidde Saachen als schwéier ugesi ginn, mee vill Kanner géifen dës awer problemlos packen. Anerer géifen als liicht ageschätzt ginn, mee wiere fir vill Kanner schwéier. **Déi empiresch Realitéit, déi iwwer d'ÉpStan duergeluecht gëtt, misst fir en neie Plan d'études berücksechtegt ginn**. Et hätt kee Wäert, e Mindeststandard ze definéieren, wou d'Hallschent vun de Kanner net drop kéim. De Standard misst passen, fir domadder schaffen ze kënnen. Op esou engem **Mindeststandard** misst ee kënnen opbauen an doriwwer erauskomme kënnen, e **sollt e Riichtwäert sinn**. Bei ville Sockele kéint ee mëttlerweil empiresch beluechten Aussoen doriwwer treffen, ob se ze déif oder ze héich wieren. Bei engem neie Plan d'études misst een sech d'Fro stellen, mat wéi **enger Reegelméissegkeet** een d'**Sockele sollt kontrolléieren** a gegebenenfalls updaten.

Insgesamt wier an der Praxis vun der Leeschtungsbeurteelung an am Bilan d'**Bezugsnorm, zu där d'Kand evaluéiert géif ginn, net transparent a kloer:**

- Gëtt d'Kand par rapport zu den Socles de compétences an dem Plan d'études (also enger léierzilorientéierter sachlecher Bezugsnorm) agestuuft?
- Oder: Gëtt d'Kand par rapport zu sech selwer a sengen Progrèsen evaluéiert (d'individuell Bezugsnorm)?
- Oder: Par rapport zu de Leeschtunge vun den anere Schüler (der Klassemoyenne, dem Landesduerchschnëtt)?

**Dës dräi Perspektive géife momentan an de Bilan eraninterpretéiert a bei der Evaluatioun vermëscht ginn**. An dat dierft net sinn. Wa Sockelen definéiert wieren, déi verbindlech sinn, dierft just nach d'sachlech Bezugsnorm eng Roll spillen. Et wier wichteg, dass kloer géif ervirgoen, wat dann elo d'Referenznorm wier. Da misst een um Terrain och net méi sou vill iwwer de Bilan diskutéieren, mee kéint einfach propper de Punkt maachen. Wann dann an enger Klass jidderee géif op den Niveau avancé kommen, da wier dat eben esou, an als Fait unzehuelen.

D'Bilane géife momentan dacks mat Bléck op d'Resultat ausgefëllt ginn, dat den Enseignant am Kapp hätt. D'Formatiounen zu de Bilane wiere réckbléckend net gutt gewiescht. Et géif keng kohärent an eenheetlech Praxis an der Leeschtungsbeurteelung ginn, weder ënnerhalb vum Fondamental nach mat Bléck op den Iwwergang Fondamental-Secondaire. Eng **demokratesch an transparent Beurteelung**, Léierziler a Beurteelungskrittären, déi novollzéibar wieren, wieren domat **eng Illusioun**. Et géing **un objektiven a verbindlechen Evaluatiounskrittären feelen**. Jiddwer Enseignant hätt sech säi System zerechtgeluecht. Positiv wier, dass haut méi an der 'Équipe pédagogique' géif geschafft ginn a keen Enseignant méi vu méindes bis freides duerchgängeg eleng virun enger Klass stéing.

D'Fro ass opkomm, a wéiwäit an der **Formation initiale a continue** vum Léierpersonal méi Gewiicht **op d'Diagnostik** an op d'Entwécklung vun de Beurteelungskompetenze vum Enseignant misst geluecht ginn. Et wier ganz wichteg, bei der Formatioun vun den Enseignanten unzesetzen. Just de Layout um Bilan ze änneren an un de Begréffserklärunge ze schaffen, géing net duergoen, et misst grondsätzlech gekuckt ginn.

**De Bilan misst fir d'Elteren an déi breet Gesellschaft verständlech sinn**. Am Moment géinge vill Elteren de Bilan net verstoen an et wier keen Instrument, wat géing fir Transparenz suergen. Positiv wier d'Plaz, déi am Bilan virgesinn ass, fir individuell Remarken an Ajoute kënnen ze maachen. Et wier dogéint villen Elteren net kloer, wéi de Beräich, Performances de l'élève' ze liese wier an och net wéi dësen ausgefëllt géif ginn. Wann do A géing stoen, géifen d'Eltere mengen, hiert Kand géif problemlos am betreffende Léierberäich progresséieren a weider an de nächste Cycle kommen.

## Orientatioun: Wéi? Wéini? Wat?

A puncto Orientatioun vum Kand war et dann de Wonsch, dass **d'Schoul dem Kand net ëmmer méi Diere soll zoumaachen**, mee d'Diere soll opmaache fir eng breet Orientatioun.

An dësem Moment vum Atelier gouf nach eemol gesot, dass et net passend wier, Kompetenze mat Punkten ze bewäerten. De Bilan wier an där Philosophie opgesat ginn, alles ze validéieren, wat d'Kand kéint. Den Enseignement secondaire géif genau anescht virgoen a kucken, wat d'Kand net kéint. Et wier déi komplett géigesätzlech Approche.

E Participant huet de Wonsch geäussert, de Kanner am **Cycle 4 de 60-Punkte-System ze erklären**, fir dass si dës Transitioun eben net als Iwwerwältegung am Secondaire géingen erliewe. D'Evaluatioun géif am Lycée ze vill anescht definéiert ginn wéi am EF. Et géif kee kohärent Konzept vum C1 bis op 1ère, mee genau déi Kohärenz géif gebraucht ginn. De Fondamental kéint seng Evaluatioun net konsequent duerchsetzen, well duerno schliisslech am Enseignement secondaire e ganz aneren Ëmgang mat Evaluatioun a mat Feeler op d'Kanner duerkéim.

De Stellewäert an d'Ranguerdnung vun de Fächer gouf am Atelier just ugeschnidden. Et géif keng global ganzheetlech Evaluatioun vum Kand gemaach ginn, mee et wier kulturell verankert, wat evaluéiert géif ginn a wéi vill Bedeitung wéi enge Kompetenzen, Kompetenzberäicher, Fächer … bäigemooss géif ginn.

## 7.2. Atelier 2: Méi Transversalitéit am Plan d'études?

Den Atelier zum Theema, Transversalitéit' gouf de Participanten zweemol hannerteneen ugebueden. Net all Participant ass awer hei passéiert, well och d'Atelieren zum Theema, Evaluéieren am Fondamental' an zu de, Brécken tëscht der formaler an non-formaler Bildung' zur Auswiel stoungen.

### Wéi eng transversal Kompetenze sollen an de Plan d'études?

Uganks vun dësem Atelier kruten d'Participanten d'Aufgab, fënnef transversal Kompetenzen opzeschreiwen, déi hirer Usiicht no am Plan d'études sollte verankert sinn.

D'Stéchwierder, déi genannt goufen, si fir de Rapport geclustert ginn. Doraus hu sech déi folgend Schlësselkompetenzen erginn:

- Manuell Fäegkeeten an um Konkrete schaffe kënnen
- E Bewosstsäin fir Nohaltegkeet entwéckelen
- Kommunikatiounskompetenzen, Teamfäegkeet a Kollaboratioun
- Citizenship, Respekt, Emotionalitéit, Gedold a Selbstreflektioun léieren
- Kritescht Denken a Problem solving
- Flexibilitéit a Reaktivitéit, Kuriositéit an Initiativgeescht, Zäitmanagement
- Déi eege Stäerkten entdecken an developpéiere kënnen
- Recherchegeescht an Analysefäegkeet, Konzentratioun an Autonomie entwéckelen
- Computational thinking
- De Wäert vu Spill a Kreativitéit erkennen an am Plan d'études valoriséieren
- Freed um Léieren hunn.

Am heefegste genannt goufen d'Fäegkeet **zur Kollaboratioun, d'liewenslaang Kuriositéit**, den **Initiativgeescht, Autonomie, Kreativitéit** a **kritescht Denken**. An enger Welt, wou Fake News sech ganz séier verbreede géifen an déi demokratesch Valeuren net geséchert erschéngen, bräicht ee kritesch Denker, gouf konstatéiert. Kanner bräichten dofir Basiswëssen, nieft Astellungen an Haltungen. E gesonde Mënscheverstand ze entwéckelen, Quellen analyséieren a vergläichen ze kënnen, a sech eng eege Meenung bilden ze kënnen par rapport zu deem, wat an de Medie stéing, wieren zentral Kompetenzen. Si wieren eng Grondviraussetzung fir weiderzekommen – och am Léieren.

### 'Transversal Kompetenz' definéieren

Bei der uschléissender Fro dono, wéi een de Begrëff vun der, transversaler Kompetenz' definéiere kéint, goufe verschidden Aspekter ugerass, déi ënnersträichen, dass hannert dem Begrëff, transversal' keen eenheetlecht, mee ee breet Begrëffsverständnis stécht, mat deem och bestëmmte Wënsch an Erwaardungen un d'Schoul verbonne sinn.

*„Eng transversal Kompetenz ass dat, wat fächeriwwergräifend, transdisziplinär, an der Schoul gefërdert gëtt"*, sou e Participant vum CSEN. *„Also zum Beispill, dat, wat d'Schoulfächer 'Mathé' a 'Sport' onofhängeg vunenee oder gemeinsam an Interaktioun als gemeinsam Léierziler uviséieren."* Bei transversale Kompetenze géing et drëm, dass **een se iwwerall asetze kéint**, ergänzt en aneren. Transversal Kompetenzen géifen iergendwou den **Transfer an d'Uwendung**, vun deem, wat een an der Schoul géing léieren, **an d'ausserschoulescht Liewen** erméiglechen. Dëse Gedanken implizéiert, dass d'Transversalitéit ëmmer zur didaktescher Ëmsetzung vun Unterrecht dozougehéiere sollt:

> *"Fir mech maachen d'transversal Kompetenzen, dass ech mat deene Kompetenzen, déi ech an der Schoul [léieren], och eens ginn a mengem Liewen. Et sinn déi Kompetenzen, déi maachen, dass ech mat deene Saachen, déi ech an der Schoul léieren, och eppes kann ufänken. Liesen a Schreiwen ouni Kreativitéit – do ass et schwéier eppes erëmzeginn"*, sou e Participant.

Et wier wichteg, Aspekter, wéi **Zilstreebegkeet, Teamgeescht an Zesummenaarbecht**, déi een och ausserhalb vun der Schoul géing léieren, **och zu engem Theema an der Schoul ze maachen**, ergänzt en anere Participant. Se géifen dann anescht thematiséiert, wéi wann een dës Kompetenze just géing niewebäi an oder baussent der Schoul léieren. D'**Schoul** wier an deem Sënn ee **wichtegen Uert fir d'sozio-emotional Bildung** vum Kand nieft aneren, wou d'Kollaboratioun, d'Kommunikatioun an de basisdemokratesche Mateneen stattfannen a geléiert géinge ginn.

Transversalitéit **wier eng Aart a Weis ze sinn**, eng Viraussetzung, fir dass een aner Saachen, déi ee léiere géif, ëmsetze kéint, sou e Participant. Et hätt och domat ze dinn, wéi mir als Gesellschaft funktionéiere wéilten. **Transversalitéit misst also vu Klengem un erlieft an och esou virgelieft ginn**. Transversalitéit esou verstanen, sollt ëmmer Deel vu Schoul sinn an zum Encadrement vun der Schoul gehéieren, integréiert sinn an déi gängeg schoulesch Praxis.

Vill Kanner géife Kompetenze vun doheem matbréngen a Kompetenze wieren souzesoen 'ustiechend'. Kanner géife sech géigesäiteg matzéien an inspiréieren. De Problem wier, wann d'Kanner an hirem Elan duerch d'Schoul ausgebremst géife ginn. Schlecht wier also, wann e Kand gesot kréich: 'Ech verstinn, dass du grad Loscht hues, dat ze maachen, mee dat geet elo net.' Et wier also wichteg, **de Kanner Raum a Ressourcen ze ginn, fir dass si selwer hir Äntwerte sichen a fannen kéinten. D'digital Medie goufen an deem Zesummenhang als Chance ugesinn, fir nei Ureizer a Weeër op ze maachen.**

D'Diskussioun ass domadder iwwergaang op d'Theema **'digital Kompetenzen'**. Den digitale Wandel wier eng Gegebenheet, déi do wier. D'Schoul **hätt d'Aufgab, op dës Realitéit an déi digital Zukunft virzebereeden**, onofhängeg dovunner, ob een dëse Wandel elo perséinlech géing gutt oder schlecht fannen.

Den ChatGPT gouf als Beispill ernimmt. Dëse wier do, eng Realitéit. D'Fro, wéi een domadder ëmgoe sollt, misst an der Schoul debatéiert ginn: Et misst een et erklären, Vir- an Nodeeler versichen duerch d'Schoul opzeweisen. Weider gouf ergänzt, dass d'Mediekompetenzen haut wichteg wieren an et och an Zukunft bleiwe wäerten. Si wieren d'Basis fir ganz vill aner Saachen. **Och wann d'Instrumenter sech géinge veränneren a weiderentwéckelen, wier et wichteg, de Grondmechanismus hannendrun ze verstoen an duerch d'Schoul ze vermëttelen**, sou e Participant. D'Schülerinnen a Schüler missten ee Grondverständnis vun Algorithmen an dem Funktionnement vu kënschtlechen Intelligenze mat op de Wee kréien, fir ganz villes, wat domat a Relatioun stéing, anuerdnen ze kënnen. Donierft huet e Participant ugemierkt, dass **'d'digitaalt Léieren' haut en immens flout Konzept** wier, well ganz vill Leit ënnerschiddlech Virstellungen dovunner hätten a ganz villes géifen dorënner zesummefaassen: Appen, Computational thinking, Mediekompetenz, iPad an der Klass .... **D'Fro nom altersgerechten Ëmgang mat Digitalitéit** an der Schoul gouf an de Raum gestallt, ouni weider kënnen traitéiert ze ginn: *„Ab wéini wëlle mir dat fir Kanner? Ab wéini ass e Kand iwwerhaapt entwécklungsméisseg esou wäit, fir esou Kompetenzen ze entwéckelen?"*

## Projeten an Initiativen an der Schoul

Eng spezifesch Methodik vun transversalem Unterrecht gëtt et net, mee et ass awer ganz oft Projetsunterrecht. Sou hunn d'Participantë vum CSEN-CoLab op dësem Mëtteg och iwwer Projeten an Initiativen an der Schoul a spezifesch am Fondamental geschwat. Et wier ëmmer **schwiereg, Krittären an Objektiver fir Projeten am schoulesche Kontext ze definéieren**, sou e Participant. An der oppener Aarbecht an am Austausch vu Kanner a mat Kanner géife sech Projetsziler natierlecherweis veränneren. Projeten sollten **deemno sou kollaborativ an oppe wéi méiglech a mat de Kanner zesumme** geplangt an duerchgefouert ginn. Schülerinnen a Schüler sollte matschwätze kënnen op engem u si adaptéierten Niveau. Flexibilitéit misst méiglech sinn. An **awer solle kloer a gräifbar Finalitéite** bei engem Projet definéiert ginn.

**Projeten an Initiative** sollten als **Zil** hunn, d'Entwécklung vun deenen **transversale Schlësselkompetenze** beim Kand ze förderen, déi d'Participanten am Ufank vum Atelier fir de Plan d'études als zentral erausgeschielt haten.[14] Genannt goufen nach emol: d'kollaboratiivt Schaffen, Motivatioun entwéckelen, Stäerkten erkennen an d'Selbstwäertgefill förderen, Responsabilitéit iwwerhuelen, Virwëtz, Kreativitéit, Teamwork an den Initiativgeescht förderen. Et misst een de Kanner d'Méiglechkeet ginn, iwwer **konkret Erfarunge** bestëmmte Kompetenzen ze entwéckelen. **Projete wiere wichteg** a sollten als Zil hunn, d'Kanner vill verschidde Beräicher entdecken ze loossen.

14 Säit 45f. vun dësem Rapport.

An der Schoul sollten d'Kanner Projeten erliewen, déi si passionéieren an déi hinnen d'Méiglechkeet ginn, och ausserschouleschen Akteure vun der Beruffswelt ze begéinen, déi fir hiert Aarbechtsfeld eng Passioun hunn an dës entspriechend vermëttele kënnen. An dësem Zesummenhang gouf och de Wonsch geäussert, fir d'Elteren nach méi bei Projetsaarbecht anzebannen. D'Eltere kéinten vill Kompetenzen an eng Onmass un Iddien a Vuë matabréngen.

De Projetsunterrecht sollt en **aktiivt Léiere** sinn a villäicht och e Niewebäi-Léieren ouni d'Léieren ze mierken. Generell solle Projeten an Initiativen d'**Méiperspektivitéit** bei der Ausernanersetzung mat engem Sujet veranschaulechen. E Projet soll vu komplexe Froestellungen ausgoen, déi d'Kand an Zesummenaarbecht mat anere léise muss. Extern Visiten, z.B. an Entreprisen, wiere wäertvoll. Dës géifen de Kader opmaachen an d'Schülerin an de Schüler och an aner Kontexter bréngen, se net just op de schoulesche Kontext limitéieren. Se géifen virwëlzeg maachen an d'Kanner géifen esou d'Welt baussent de Schouldiere kenneléieren a Méiperspektivitéit erliewen.

## Transversalitéit an de Schoulalldag integréieren

Den Nodeel vum 'Projet' wier, dass en eng Momentopnam am Schoulalldag géif duerstellen, et bräicht een awer Nohaltegkeet an net nëmme flott punktuell Momenter. **Den transversale Gedanke sollt als alldeeglech Praxis a Philosophie nohalteg an de Schoulalldag erafléissen** an net nëmme kuerz fir eng Woch als Projet veranstalt an duerno nees vergiess ginn. **Thematesch Woche wieren eng Léisung, fir méi Transversalitéit an d'Schoul ze kréien. Projeten wieren awer just da sënnvoll, wa se an e globaalt Konzept an a global Projeten integréiert wieren** an eben net just Momentopname wieren. Ee gudde Wee a puncto Projetsunterrecht wier et, d'Schülerin an de Schüler selwer de Problem bestëmmen ze loossen, deen se léise wéilten. Dat géif d'Denken, d'Autonomie, d'Kuriositéit, d'Kreativitéit an d'Selbstbewosstsäi fërderen a villes méi. Makerspace a Mini-Entreprisen an och d'Initiative 'Hallo Handwierk'[15] goufen als méiglech Pisten a Best-Practice-Beispiller genannt.

D'Participanten hu sech du mat der Fro auserneegesat, **wéi een d'Schoul gestalte kéint fir d'Transversalitéit nohalteg an de Schoulalldag ze integréieren? D'Schoul sollt eng Plaz sinn, wou ee léiert léieren**, sou e CoLab-Participant. Léieren ze léieren géif e. a. beinhalten, d'Techniken ze kennen, wéi een individuell am beschte fir sech léiert, wéi Notize geholl ginn, wat Stéchwierder wieren, wéi een am beschte fir sech memoriséiere kéint. Och déi eegen Organisatioun an den Zäitmanagement wieren Deel dovun, grad esou wéi Flexibilitéit an Upassungsfäegkeet.

15 D'Initiativ 'Hallo Handwierk', déi als theematesch Wochen vun der 'Chambre des Métiers' a Kooperatioun mam SCRIPT an der 'Maison de l'Orientation' organiséiert gëtt fir den Cycle 4.1 gouf als 'Bonne Pratique' genannt. Si ass e Beispill vu Projetswochen, déi transversal Kompetenzen fërderen an de Lien tëscht Schoul a Beruffswelt méi visibel maachen. De Projet 'Hallo Handwierk' ass sou opgebaut, dass een Handwierk wärend enger Schoulwoch an der Klass de Schwéierpunkt bilt a potentiell an all Fach a fächeriwwergräifend, kann traitéiert ginn. Handwierker an Enseignanten schaffen wärend där Zäit an der Klass Hand an Hand mat de Kanner. Um Enn vun der Woch steet d'Visite an engem Betrib un. URL: **https://www.handsup.lu/fr/perspektiv-handwierk/activites/decouvrez-la-passion-pour-l-artisanat-pendant-la-semaine-thematique-hallo-handwierk**. (Stand: 31.03.2023).

Fir d'Transversalitéit an de Schoulalldag ze integréieren, missten **d'Enseignanten all um selweschte Strang zéien** an et misst méi kommunizéiert ginn tëscht allen Akteure vun der Schoul – och méi kommunizéiert ginn tëscht Enseignant a Schüler. Eng ideal Schoul sollt eng demokratesch Wëssensquell sinn, den Incubateur vum engagéierte Bierger, sou en CSEN-Member. Se misst d'Stäerkte vum Kand förderen an net virrangeg seng Schwächten identifizéieren. Am **Mëttelpunkt vun der Schoul** missten d'**Freed um Apprentissage an** d'**Reussite** stoen, sou en CSEN-Member.

En CSEN-Member huet bemierkt, dass och d'Schoulraim kéinten anescht gestalt ginn, **fir iwwer dëse Wee och e méi transversaalt Léieren ze begënschtegen** a gläichzäiteg d'Zesummegehéieregkeetsgefill an der Klass ze stäerken: Klassesäll mat méi ronnen Dëscher bzw. d'Bänken anescht ze arrangéieren an net a Reien, déi all op den Enseignant geriicht sinn, kéint en aneren Effekt hunn.

Schued wier momentan, dass **net all Kand an de Genoss vun de selwechte Projeten** kéim. Déi eng hätte Chance a kéinten dovunner profitéieren, an aner Kanner net. Hei wier et wichteg, aus de‚ Best Practice' vu Projeten ze léieren, gutt Iddien ze verbreeden an esou dofir ze suergen, dass interesséiert Leit vun de Projete géifen héieren a se sech ukucke géifen. Enseignantë géingen och momentan un d'Direktioune eruntrieden a soen, wa se eng Iddi hätten. Sou géing d'Direktioun mierken, wann eng Passioun fir e Projet do wier. E Projet, deen op där enger Plaz géing gutt funktionéiere, wier net unbedéngt op enger anerer Plaz eng Reussite. Dofir wier par force kopéieren an iwwerall ëmsetzen net de richtege Wee. **Et misst een op Best practice setzen** an hoffen, dass interesséiert Leit sech et ukucke kéimen.

E CoLab-Participant gouf ze bedenken, dass d'Enseignantë vun haut net mat den transversale Kompetenzen bzw.‚ enger transversaler Schoul' opgewuess wieren. Dowéinst kéint et méi schwéier sinn, dës ëmzesetzen. Transversal Kompetenze sollen net just en Auxiliaire sinn, sou e weidere Participant. **Et misst also Fräiraum geschaf gi fir Projeten, manner Rigiditéit am Stonneplang sinn an deementspriechend den transversale Kompetenze méi Wichtegkeet bäigemooss ginn**. Transversal Kompetenzen (wéi z. B. Teamwork) sollte bestänneg an den Unterrecht mat erafléissen. Aneschters kéint een dës och net léieren. Et wier net: Haut léiere mer emol d'Selbstwäertgefill: *„De Wee dohinner ass méi subtil, mee d'Finalitéit ass, dass d'Kand eng transversal Kompetenz dervun dréit"*, sou e CoLab-Participant.

Am Atelier gouf iwwer de Stellewäert vun Allgemengwëssen a fachlechem Wëssen diskutéiert. Et hätt een d'Gefill, dass déi transversal Kompetenzen ëmmer méi wichteg géinge ginn an der Schoul vu muer. Beim fachleche Wëssen géingen déi Aspekter, déi een auswenneg misst léieren, u Wichtegkeet verléieren.

D'Schoul misst dann och **méi schülerzentréiert an d'Programmer méi flexibel ginn**. Dem Schüler säin Aarbechtsprogramm sollt en individualiséierte sinn. Et sollt och a Funktioun vun deem, wat ee geschafft huet, evaluéiert ginn, net par Rapport zu engem Standardprogramm, wou zur gläicher Zäit déi selwecht Kompetenzen fir all Schüler evaluéiert géinge ginn.

**Freed ze hunn an dës kënnen ze entwéckelen**, hunn d'Participanten als eng Kompetenz ugesinn, déi wichteg wier am Sënn vun engem erfëlltene Liewen. D'Schoul misst eng Plaz sinn, wou all d'Kanner eppes maache kéinten, **wat si géing motivéieren**. D'Freed wier nach dacks ze mann present an der Schoul. Wann een awer als Kand géif an der Schoul léieren gemeinsam Projeten, schéi Souveniren (z. B. Schlittfueren etc.) a valoriséierend Erfarungen matenee ze deelen, **géif dat prägen**. Gläichzäiteg géifen d'Kanner méi séier hir Stäerkten erkennen a sech op dës stäipe kënnen. Et **wier wichteg**, **un der Entwécklung vu Gefiller ze schaffen** an d'Kanner dës ausdrécken ze léieren. D'Schoul wier eng Plaz, **wou Selbstbildung am Humboldsche Sënn** misst stattfanne; dofir bräicht et Zäit a Rou.

Donieft sollt een déi **manuell Kompetenzen** net vergiessen. Bis dato géifen handwierklech Fäegkeeten an der Gesellschaft net genuch **valoriséiert** ginn. Elo hätt een d'Méiglechkeet, mat Bléck op en neie Plan d'études, dës duerch d'Schoul méi ze färderen, sou e CoLab-Participant. **Bei manuellen Aarbechten géif ee vill Kompetenzen op eng Kéier** trainéieren an aktivéieren: Gedold, d'Haltung zur Aarbecht, awer och fachlecht Kënnen, wéi z.B. Geometrie oder de Moossstab berechnen, géife geférdert.

Donieft gouf e **Kader** gefuerdert, **wou präzis drasteet, wéi eng Krittären an Ziler** d'transversal Projeten sollen erfëllen. E **Referenzkader an e méi punktuell indivisualiséierte Feedback** wiere wichteg am Beräich vun der Evaluatioun vun transversale Kompetenzen. D'transversal Kompetenze missten eng passend **Evaluatioun** kréien. Et wier grondsätzlech esou, dass un der Evaluatioun och eng gesellschaftlech Wäertschätzung géif hänken: Deene Beräicher, déi schoulesch evaluéiert géife ginn, géif Wichtegkeet bäigemooss.

## 7.3. Atelier 3: D'Brécken têschent der formaler an non-formaler Bildung

### De gemeinsamen an den ënnerschiddleche Bildungsoptrag

Am Atelier zu de 'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung' gouf iwwert de gemeinsamen an ënnerschiddleche Bildungsoptrag an d'Zesummenaarbecht vu formaler an non-formaler Bildung diskutéiert.

Den non-formale Beräich huet am Verglach zur, Institutioun Schoul' e ganz jonken Historique. De Secteur huet sech am Ufank net mat engem direkten edukative But entwéckelt, mee hat laang Zäit, just' e Betreiungsoptrag, éier e Bildungsoptrag dobäikoum an dësen ausformuléiert gouf.[16] E CoLab-Participant huet d'Diskussioun an dësem Atelier ugefaange mam Gedanken, dass een aus der Vue misst erauskommen, dass an der Maison relais[17] 'just' gespillt géif ginn. Et **géing ëm Bildung an deenen zwee Beräicher:** formal an non-formal. Een anere Participant gëtt an deem Zesummenhang ze bedenken, dass d'Offer vun der non-formaler Bildung fakultativ wier, wärend d'formal Bildung an der Schoul verpflichtend wier. Et wier schwiereg a Saachen 'Bildung', komplementär ze sinn a fakultativ ze bleiwen: *„Wann an der Maison Relais och Bildung gemaach gëtt, hunn d'Leit op eemol d'Gefill, hir Kanner géifen eppes verpassen, wann se net an der Maison relais sinn."*

Um Rand gouf thematiséiert, dass d'Kanner sech net méi sou vill wéi fréier dobausse virum Haus an hirer Strooss géifen treffen, well de Gros ebe vill Zäit a Bildungs- a Betreiungsstrukture géif verbréngen. Doropshi gouf gesot, dass d'Kanner hautdesdaags immens ënner Drock stéingen; si kréiche vermëttelt, permanent kënnen a mussen 100 Saachen ze maachen, an dass et méiglech wier, dëse Pensum problemlos ze halen a matenee ze vereinbaren: Sport, Musek asw. **Den Drock an d'Saturéierung beim Kand** wiere bedenklech. Wichteg wier, dass een an de Betreiungsstrukturen **och mol d'Recht drop hätt, 'näischt' ze maachen** an d'Méiglechkeet kréich, erofzekommen a Paus ze hunn. An de Maison-relaisen géifen et zwar oft Réckzugsberäicher ginn, mee bei Maison-relaise mat 300 Kanner wier et eleng vun der Unzuel hier schwiereg, Rou ze schafen. Wann dann och nach 12 Aktivitéite gläichzäiteg ugebuede géife ginn, wier et schwéier fir d'Kand, nach, Neen' ze soen, well een do séier d'Gefill kréich, eppes ze verpassen.

---

16 D'Introduktioun aus dem sechste CoLab 'D'Brécken têschent der formaler an non-formaler Bildung', op deen d'Curriculumsdivisioun am Januar 2023 de Bildungsberäich invitéiert huet, ass online opruffbar an gëtt e kuerzen Iwwerbléck iwwer den Historique, op deen hei Bezuch geholl gëtt. URL: **https://www.curriculum.lu/PE_colab6.**

17 De Begrëff 'Maison relais' ass an eisem Alldagswuertschatz fest verwuerzelt a gouf sou och op dësem Nomëtteg an den Diskussiounen vereinfachend benotzt. Et soll hei awer ugemierkt ginn, dass de Begrëff vun der Bildungs- a Betreiungsstruktur, also enger 'Structure d'éducation et d'accueil (SEA)', eigentlech de korrekten Terme fir de Secteur ass.

Fir en neie Plan d'études gouf sech gewënscht, dass däsen **eng Ouverture méthodologique géif schafe fir Projetszäiten. Projetswoche kéinten hëllefen, fir d'formal an d'non-formal Bildung inhaltlech méi no beieneen ze bréngen**. An der Virstellung vun engem CSEN-Member wier et méiglech, dass ee soe kéint: *„Mir maachen elo zwou Woche Projeten oder ee Projet zu engem Theema, all d'Fächer an Horairen sinn opgeléist, an dee Projet maache mir da mat der Maison relais zesummen."* An deem Kontext kéint een och undenken, dass Enseignant an Educateur d'Coursen zesumme géifen halen, respektiv bei bestëmmten Theeme méi deen een oder méi deen anere kéint de konzeptuelle Lead iwwerhuelen. Do kéint ee sech dann ënnerstëtzen an herno zesummen houfreg op d'Resultater sinn, an dat géif dann och zu enger méi transversaler Schoul passen. An dësem Zesummenhang gouf weider iwwerluecht, dass **d'non-formal Bildung** kéint iwwer de Volet vum **'Léiere léieren'** d'Kand a sengem Bildungsparcours ënnerstëtzen. Och am Beräich, Digital Bildung' wiere Synergië méiglech, sou e CoLab-Participant. Et misst ee kucken, wou d'formal Bildung an d'non-formal Praxis sech kéinte sënnvoll ergänzen an eng Beräicherung fir d'Kand wieren. D'Theema, Ganzdagsschoul' gouf just fir de Pouster vum Workshop als Schlagwuert opgeschriwwen, konnt op dësem Nomëtteg awer aus Zäitgrënn net weider diskutéiert ginn. Insgesamt war et de Participantë wichteg, iwwer gemeinsam Handlungsfelder vu béide Bildungsberäicher kënnen nozedenken, ouni ze vermëttelen, dass all Kand muss an eng Maison relais goen, fir dës Erugoensweisen och ze erliewen.

E Wonsch war och nees, dass d'Schoul bei Projeten nach méi d'Interaktioun mat externen Akteure soll sichen.

## Kommunikatioun a Kollaboratioun

E gudden Accueil wier essentiell fir d'Kanner. Haut géingen d'Ritualer vu béide Bildungsberäicher nach oft net openee passen, wat schwiereg wier an d'Kanner géing duerchernee maachen. Dobäi bräichte si mat Bléck op Iwwergäng tëscht Schoul an SEA **eng Linn a kloer Unhaltspunkten**. Gemeinsam Wäerter sollten an enger Charte festgehale ginn.

Mat Bléck op d'Zesummenaarbecht tëscht formaler an non-formaler Bildung huet en CSEN-Member gemengt, et wier ee schonn erliichtert, wann e gutt, Niewentenee' géif bestoen. Besser wier natierlech, et géif een sech als eng Equipe gesinn a Gebaier a Säll deelen.

Et géif an der Regel **keng gemeinsam Horairen**; Enseignant an Educateur hätten u sech keng zäitlech Sparten, fir iwwerhaapt openeen ze treffen an e gudden Informatiounsaustausch ze garantéieren. Sou gouf ë. a. de Wonsch geäussert, esou **Begegnungsmomenter ze erméiglechen, béides méi ze vernetzen, fir dass deen een deen anere besser versteet.** Et misst Zäit geschaf ginn, fir kënnen Aarbechtsgruppen, déi aus Enseignanten an Educateuren bestinn, ze bilden. Och sollt d'Instrument vum, Plan d'encadrement périscolaire' (PEP), wat sengerzäit net wäit genuch gaange wier, weidergeduecht ginn. Als Schwieregkeet bei der Zesummenaarbecht goufen déi zwee verschidde professionell Statuter a verschidde Patronen genannt. Et gouf doriwwer geschwat, dass et verschidde Modeller vu Ganzdagsschoulen gëtt, ouni dëst Theema weider ze verdéiwen.


D'**Hausaufgabenhëllef** hätt kéinten eng Bréck schafen, huet en CSEN-Member ugemierkt: *„Do hätten d'Enseignanten sech kéinten ofwiesselen, fir an der Maison relais ze ënnerstëtzen, mee dat war awer net virgesinn."* E Léisungsvirschlag war, dass déi eng Säit där anerer géing erzielen, wat fir Aktivitéiten bzw. Theeme gemaach goufen a vis-versa. Erzielen, wat gemaach gouf, wier schonn eng Form vun Deelen tëschent den zwee Beräicher, **de réngen Informatiounsaustausch** zur Normalitéit ze maachen, **wier schonn ee gudden Ufank**. Méi Kommunikatioun a Kollaboratioun wier tëschent alle Bildungspartner wënschenswäert. Opgezielt goufen d'formal, non-formal an d'informell Partner: Méi Kommunikatioun mam Kand, Kommunikatioun tëscht Schoul, Schoulpersonal, Educateuren, SEA, awer och Kollaboratioun a Kommunikatioun mat der Famill an aneren externen Akteuren.

Weider Léisungsvirschléi fir d'Kollaboratioun tëschent formalen an non-formalen Akteuren ze stäerken, wiere **méi gemeinsam Weiderbildunge** fir d'Personal aus der formaler an non-formaler Bildung an op lokalem Niveau **gemeinsam Team-Buildingsmomenter.**

# 8. Fotogalerie


Hei fannt Dir e puer visuell Andréck vum CoLab-Workshop, deen de 26. Januar 2023 mam CSEN stattfonnt huet,

## Atelier 1: Evaluéieren am Fondamental





Aarten / Methouden
Evaluéieren & léieren
Tester
Monitoring



DE BILAN
Kontinuéierlech Evaluation certificativ amplaz punktuell
Coach & Schiedsrichter ≠
D'Elteren verstinn et net Transparenz?
Diagnostik an der Ausbildung
Muss fir Elteren verständlech sinn an Gesellschaft och



ORIENTATIOUN
Wéi? Wéini? Wat?
Konstruktive Feedback vs ES
Den Universitéiten wee besout op Evaluation. Lycée-Evaluation dovunner ofhängeg
Evaluatioun am Lycée
Fächer
global
Evaluation


## Atelier 2: Méi Transversalitéit am Plan d'études?


Remark: Dësen Atelier gouf zwee Mol ugebueden. Aus dësem Grond ass all Plakat zwee Mol mat jeeweils ënnerschiddlechen Inhalter fotograféiert ginn.










Wat brér …ojeten/Initiativen?
Best practices
weider Inégalitéiten
Kreativitéit, Teamwork, Initiative · geescht
Ateliers
Visite externe (p.ex. entreprise)
(ouverture d'esprit) Curiosité
SELBSTWERT-GEFILL
LÉIEREN OUNI AUSWENNEG LÉIEREN
FUERWELZ FÖRDEREN
RESPONSABILITÉIT
STÄERKTEN ERKENNEN
Motivatioun
Perspectiven
Froen / Onge-wessenheeten
Ce qu'apportent les projets?
→ travailler ensemble
Projet ass zevill
=> contraire
LANDRÉ FLIP-CHART-PAPIER · ART. 100050592


Wat bréngen Projeten/Initiativen
Projet'en / Initiative si flott punktuell Momenter
→ Mir brauchen awer Nohaltegkeet
De Schüler selwer de Problem bestëmme loossen, deen e wëll léisen, dat fördert Denken, Autonomie, Kuriositéit, Kreativitéit, Selbstbewusstsinn a villes méi
PROJET'N SINN WICHTEG A SOLLEN D'DECOUVERTE VU VILLEN VERSCHIDDENEN DOMAINER ERLAABEN A VILL PARTNER (BERUFFSWELT, ELTEREN...) ABANNEN.
ideal fir vill kompet. un ze wenden aner Dynamiken
Problem: Sch. denken an "Evaluation"
→ kontraproduktiv
→ collective responsibility
→ final product
→ breaking down barriers between school and the outside world
LANDRÉ FLIP-CHART-PAPIER • ART. 100050592


Wéi misst d'Schoul sinn?
ENG PLAZ WOU E LÉIERT LÉIEREN
ZESUMMENAARBECHT VUN DEN ENSEIGNANTEN (UM SELWECHTE STRANG ZEIEN)
ENG DEMOKRATESCH WESSENS QUELL INCUBATEUR VUM ENGAGEIERTE BIERGER
Semaine thématique "esprit pluri-disciplinaire"
Sou wéi eng grouß Bibliothéque vun Meiglechkeeten an Ressourcen
Méi flexibel um Niveau Stonneplang
méi Diversifizéierung
Eng Plaatz wou een gären hi geet, wou een sech wuel spiert


Wéi misst d'Schoul sinn?
Schoul ass eng Plaz wou Selbstbildung am Humboldtsche Sënn stattfanne soll/muss → Dofir brauch et Zait a Rou
méi Fräiraum fir Projet
méi Wichtegkeet den transversalen Komp.
méi praktesch Handelen
SCHOUL MISST ENG PLAZ SINN WOU ALL KANNER EPPES KENNEN MAACHEN WAT SI MOTIVEIERT.
→ allowing projects to be a sustainable part in the learning process



SCHWIEREGKEETEN
LÉISUNGEN
DE RYTHMUS INDIVIDUELL GESTALTEN
NËT D'HAAPT-KOMPETENZEN AM PROGRAMM FESTHALEN, MAIS D'HIERARCHIE VUN DE KOMPETENZEN OP DE SCHÜLER UPASSEN.
Mei Kommunikatioun an der Schoul/Klass Enseignant-Schüler
Net all Kanner hunn dei selwecht Kompetenzen
LANDRÉ FLIP-CHART-PAPIER


SCHWIEREGKEETEN
LÉISUNGEN
LANDRÉ FLIP-CHART-PAPIER

## Atelier 3: D'Brécken tëschent der formaler an non-formaler Bildung




KOMMUNIKATIOUN & KOLLABORATIOUN
FORMAL
NON-FORMAL
PEP
Kommunikat° och mat de Schüler
Transmettre les informations
Ganzdagsschoul Modeller


Prozeduren, Ressourcen & Instrumenter
Schwieregkeeten
Léisungen
Projet iwwer een trimester

# Réckbléck, Ausbléck a Kontakt

## Réckbléck

Am Schouljoer 2021-2022 an 2022-2023 hunn am Kader vum Projet, Plan d'études 2025' eng ganz Rei Gespréicher stattfonnt mat Acteuren, déi a Beréierung mam Bildungssystem sinn. De versammelte Bildungsberäich (EF, ES, CC, MENJE asw.) huet an de **sechs CoLab-Workshoppe** ronderëm een neie Plan d'études diskutéiert. D'Curriculumsdivisioun huet donieft e. a. den **CSEN**, d'**Elterevertrieder** an d'**Kanner** zu hirer Vue op d'Schoul gelauschtert. Iwwert de gesamte Konsultatiounsprozess ewech huet d'Curriculumsdivisoun weider Acteuren an Experten am Kader vun Entrevuë gesinn, fir d'Theema, Plan d'études 2025' vun ënnerschiddleche Standpunkten aus ze héieren an d'Wëssen a bestëmmte Kärberäicher weider ze verdéiwen. Zu dësen Austauschpartner hunn ë. a. gehéiert: D'Programmkommissioune vum Fondamental (CNEF), den CoDir EF, den CoDir ES, den CoDir CC, d'Direction générale vum Enseignement fondamental, den IFEN, d'Direction générale de l'intégration, d'Gewerkschaften AIP, SEW an SNE, den ZpB, d'Uni Lëtzebuerg (LUCET, BSCE), d'CNEL, de Ministère de l'égalité entre les femmes et les hommes (MEGA) a weiderer méi. Munnech vun dësen Entrevuen hunn a Form vun engem organiséierten CoLab-Workshop stattfonnt, bei aneren huet sech een anert Format fir den Austausch ugebueden.

## Ausbléck

Am Mäerz 2023 kënnt déi grouss Konsultatiounsphas mam Terrain esou lues op een Enn. Insgesamt néng CoLab-Rapporte wäerten um Internetsite vun der Curriculumsdivisioun no an no publizéiert ginn. Dës Rapporte sinn déi schrëftlech Zesummefaassungen vun deem, wat an de 6 grousse CoLabs mam Bildungsberäich, de CoLabs mam CSEN, dem Elteren-CoLab an de Kannerateliere gesot gouf. Si beweegen sech op enger méiglechst deskriptiver Analysebene.

No der Konsultatiounsphas start eng nei Phas vum, Projet Plan d'études 2025'. Et ass déi eigentlech Analysphas hin zu engem Konzept fir en neie Plan d'études. D'Aussoen, déi am Laf vun der Konsultatiounsphas zesummekomm sinn, ginn an den nächste Méint an der Déift analyséiert (Triangulatioun duerch eng Mixed-Methods-Approach: Diskursanalys, Inhaltsanalys, Natural Language Processing): Wou ass Konsens? Wou ass de roude Fuedem?

Dës Synthees gëtt ergänzt duerch eng verdéifte wëssenschaftlech Recherche, duerch Recherchen am Hibléck op den (inter)nationale Bildungsdiscours an d'international Entwécklungen am Curriculum development, duerch d'Analys vum bestoende gesetzleche Kader an duerch d'Analys vun de Recommandatiounen, déi Experten an Stakeholder der Divisioun bis ewell mat op de Wee ginn hunn zum Projet an a Relatioun mam Plan d'études. Aus béiden Analysebenen (Synthees a Recherche) entsteet viraussiichtlech fir d'Rentrée 2023/24 en éischte Whitepaper fir eng Visioun vun engem neie Plan d'études 2025.

Wien u weideren Informatiounen iwwer de Projet interesséiert ass, fënnt dës ënner:
**https://curriculum.lu/PE_index.**

## Kontakt

Dir hutt Froen oder Ureegungen zum Projet, Plan d'études 2025' a wëllt mat eis a Kontakt trieden? Da kontaktéiert eis via d'E-Mail-Adress **curriculum@script.lu.**

Op eisem Internetsite **www.curriculum.lu** fannt Dir Informatiounen iwwer de Projet' Plan d'études 2025'.

# Merci!

Mir soen all de Participanten an allen interesséierten Acteuren, déi eis bis elo kontaktéiert hunn, villmools Merci fir hiren Asaz! Et war eis eng grouss Freed, an all deene verschiddenen CoLab-Workshoppe mat lech an den Austausch ze kommen!

Mat beschte Gréiss

**D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT**

Curriculum
Division SCRIPT

www.curriculum.lu

www.script.lu